



baut. Ech wär interesséiert ze wëssen, wivill Leit schaffen elo, à ce moment-là, nach fir dee gesamte Secteur?

Néngt Fro: De fréiere Minister huet och gesot, datt de Secteur spatial 2 % vum PIB vun eisem Land géif ausmaachen. Wéi ass d'Situatioun am Moment? Sinn dat nach ëmmer 2 %?

Dann déi zéngt Fro: D'Cour des comptes hat gefrot, datt Indicateur-de-performancë sollten agefouert ginn. Do wollt ech wëssen: Wou si mer do drun? Huet de Minister wëles, dat ze maachen?

A schlussendlech lescht Fro: Och eng Fuerderung vun der Cour des comptes war et, datt regelméisseg sollt e Compte rendu iwwert d'Aktivitéite gemaach ginn. Och do wollt ech wëssen: Wou si mer do drun a kënnst do esou e Compte rendu?

Ech soen lech Merci fir all Är Äntwerten, Här Minister.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar. D'Regierung huet d'Wuert. An hei ass et nach eng kéier den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. E richteg Spacefestival haut. Och merci un de Laurent Mosar fir seng Froen zu eiser Spacepolitik an dozou, wou mer do dru sinn an der Ëmsetzung vun eisem Regierungsprogramm.

Bon, Dir wësst natierlech, dass de Space e wichtige Piliër ass vun eiser ekonomescher Diversifikationspolitik. Et ass e Secteur, dee sech och weiderhi ganz dynamesch entwéckelt. Net méi spéit wéi haut de Moien hat ech d'Freed, fir en neien Institut de recherche, den ESRIC, ze lancéieren, zesumme mat mengem Kolleg Claude Meisch a mat den Haptpartner: der ESA, dem LIST an der Luxembourg Space Agency. Dat ass den European Space Resources Innovation Centre, deem zesumme mat der ESA elo hei zu Lëtzebuerg opgebaut gëtt, an e soll wierklech um europäeschen Niveau Recherche maachen an deem Beräich an och wierklech fir den ekonomeschen Developpement vun dem Space-Resources-Secteur e wichtegt Instrument sinn, mat engem Incubateur, mat enger ganzer Rei ... a mat zolitte Moyenen, fir dat och weiderhin ze maachen.

Also, weiderhin och e ganz wichtigen neien Acteur am Beräich vum Space, deem och an eisem Ekosystem an där Form nach net do war an deem et och, mengen ech, um europäeschen Niveau an där doter Form nach net gëtt. Dofir ass dat, mengen ech, eng weider wichteg Entwécklung am Beräich vun dësem Wirtschaftssecteur.

Mir hunn eng Rei Saache gemaach, déi ech och nach eng kéier wollt kuerz hei rappeléieren.

Mir hunn 2018 decidéiert, fir d'Luxembourg Space Agency ze grënnen als en Haptpinstrument, fir déi Politik ëmzesetzen am Beräich vum Space. Déi Missionen, déi d'Luxembourg Space Agency huet, dat ass, fir de lëtzebuergeschen Ekosystem weiderz entwéckelen an och d'Land an den internationalen Organisatiounen, déi am Space aktiv sinn, wéi d'Agence spatiale européenne, d'Europäesch Union oder d'Veerenatiounen, ze representéieren.

Déi Aktivitéite vun där LSA sinn effektiv ganz breed. An Dir hutt Recht, et si Gedanken do, fir d'Luxembourg Space Agency anescht opzestellen. De Koalitionsaccord huet effektiv virgesinn, dass d'Méiglechkeet, der LSA méi Autonomie ze ginn, soll studéiert ginn. Dat si mer och amgaang ze maachen. Mir sinn och do um Punkt, fir op eng Konklusioun ze kommen.

Dat Konzept soll der Agence méi Flexibilitéit ginn an hir et erméiglechen, d'Lëtzeburger Weltraumpolitik nach méi dynamesch an effizient ëmzesetzen. Et ass effektiv wichtig, an et mécht en Ënnerscheid, ob een en Departement ass vun engem Ministère oder ob een eng eegestänneg Agence ass, och am Kontext vun deenen internationalen Kontakter, déi een huet, wann ee gären esou ee Secteur op eng kredibel Aart a Weis entwéckelt. All eis aner Partnerlänner, déi do gutt ënnerwee sinn, hunn esou en Déier, wat op eegene Féiss steet a wat dann och seng eege Moyenen huet. Dat als Äntwert op Är véiert Fro.

Dir hutt och gefrot, ob mer déi Accords bilatéraux wëlle weiderféieren. Ech hunn elo éinescht gesot a menger Äntwert op d'Fro vum Fernand Kartheiser: Mir hu jo eng ganz Rei Länner, mat deene mer scho bilateral Accorden hunn. An et sinn och do nach weider Diskussiounen mat anere Länner, ouni dass ech lech awer elo, ganz éierlech, ka soen, mat wem dat ass. Ech misst do Récksprouch huele mat mengem Ekippen, mee do ass e stänneg Kontakt mat enger ganzer Rei Länner, déi och wierklech op dat kucken, wat mer hei zu Lëtzebuerg maachen: op den Developpement vun deem Secteur vun de Resources de l'espace, mat engem kommerzielle Bléck. Dat ass eppes, wat ganz vill Attentioun op eis zitt a wat och explizéiert, firwat eng ESA sech an esou e Projet wéi den ESRIC hei eraginn huet.

Bon, wat de Cadre international ugeet, do kann ech lech soen, dass déi national Initiativen, déi mer hei

huelen, natierlech och mussen, an do hutt Der ganz Recht, mat Efforten um internationalen Niveau ausgebaut ginn. Dat maache mer duerch eng bilateral Approche, mee awer och duerch eng multilateral Approche an deene verschiddene Gremien, wou mer aktiv sinn.

2020 war hei e Joer, wou mer ënnert deem Bléckpunkt schonn ënnert dem Covid gelidden hunn, well den Debat zu Wien op der UNO net konnt weidergoen a well déi järelech Reunioun vum COPUOS (ndlr: Committee on the Peaceful Uses of Outer Space) a vu senger Souskomiteeën net konnt stattfannen, weinst eeben dem Covid-19. Mir bleiwen awer do weiderhin engagéiert, fir déi Diskussioun weiderzeféieren an deenen nächste Joren.

An och an deem Kontext hat d'Kris och en Impact op déi Weiderentwécklung vun eise Kooperatiounen mat anere Länner. Dat ass also och retardéiert ginn, aus deem ganz einfache Grond, well manner gereest konnt ginn. Ech kann lech awer soen, dass a menger leschter, bis elo eenzeger Rees als Wirtschaftsminister an Italien Enn Februar mer och Kontakter hate mat der italieenescher Regierung, mam Sous-secrétaire d'État, dee responsabel ass fir dee Beräich, an dass mer do och gutt weiderkomm sinn.

D'Fro vum Fong Orbital Ventures, an dat ass de Volet Investissement vun eiser Space-Resources-Politik. Dee Fong huet effektiv am Januar dëst Joer en éischte Closing vu 70 Milliounen Euro gemaach. Mir souzen deemools nach zesummen an der Ekonomieskommissioun, wou mer dat effektiv explizéiert krute vu mengem Virgänger. Orbital Ventures huet och schonn éischt Investissementer gemaach. D'Ekip vum deem Venturefong gëtt am Moment och zu Lëtzebuerg nach ausgebaut. Mee och hei huet d'Kris de Prozess ralentiéiert, méi lues gemaach. De Final Closing ass elo fir Ufank 2021 virgesinn.

Bon, dann hutt Der eng Fro iwwer ispace. Do kann ech lech ganz éierlech elo näischt dozou soen. Déi Informatiounen hunn ech net, ob do elo effektiv Stellen ofgebaut ginn, dat muss ech lech da gegeebenefalls norechen, wa mer déi Informatioun effektiv hätten. Wat schued wär, well et ass natierlech e Fleuron vun eise Betriber an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg.

Dat bréngt mech dann och zu enger weiderer Fro. Dat ass déi, wivill Entreprisë sech hei zu Lëtzebuerg niddergelooos hu respektiv geschaaft gi sinn a leschter Zäit. Bon, do ass et esou, dass mer effektiv weiderhi gesinn, dass e ganz groussen Interêt ass vun auslänneschen Entrepreneuren, fir zu Lëtzebuerg hir Aktivitéit hei opzestellen oder och ausbauen.

D'Luxembourg Space Agency kritt zënter 2017 ongeféier 200 nei Kontakter pro Joer. Dovunner bleiwen der tëschent fënnef a siwen iwweg, déi dann och vun der Luxembourg Space Agency ënnerstëtzt ginn, fir hir Projeten zu Lëtzebuerg ze entwéckelen.

Fir de Moment hu mer eng Zuel vun ongeféier 50 Entreprises, déi hei sinn. Ech mengen, dat korrespondéiert grosso modo mat deem, wat mer och schonn Ufank dëses Joers gesot kruten an der Chamberskommissioun. Mee mir erwaarden eis a mir si gudder Hoffnung, dass déi Zuel sech och weiderhin nach dynamesch entwéckelt, well et effektiv e Secteur ass, deem en plein essor ass.

Mir hunn do och, an Dir wësst dat, e Space Directory, dee verëffentlecht ginn ass um Site vun der Luxembourg Space Agency an dee jiddweree kann akucken. Do gesäit een all d'Acteuren, déi zu Lëtzebuerg ënnerwee sinn am Beräich vum Space an natierlech och déi verschidde Fuerschungslaboen, déi do amgaange sinn ze schaffen.

Vun deene 50 Entreprisë sinn der iwwregens 10 %, déi Aktivitéite méi spezifesch am Beräich vun de Spaceresources hunn. Mee mir hoffen och mat eiser Adhesioun zum Artemis-Programm, wou jo och Opportunitéiten entsti fir Entreprises, fir kënnen do matzemaachen, dass dat sech och weiderhin nach entwéckelt.

Mir hunn - an dat ass dann, fir op d'Observatiounen vun der Cour des comptes anzegoen - Enn 2019 bei der leschter Ministeschkonferenz vun der ESA matgemaach. Dir wësst, dass déi Konferenzen all dräi Joer stattfannen. Am Kontext vun där Konferenz hu mer eise leschte Plan d'action national a jour gesat. Dat ass am Fong eise Plang, wéi mer gedenken, déi Strategie hei bei eis ëmzesetzen.

Mir hunn do nei Engagementer festgesat, och am Kontext vun den ESA-Programmer. Dee Plang ass guttgeheescht gi vun der Regierung. Dat huet et eis erlaabt, nei Contributiounen an den ESA-Programmer ze maache fir d'Period 2021 bis 2024. Dee Plan d'action ass um Site vun der LSA op Franséisch an op Englesch disponibel.

Wat elo d'Contributioun un dem PIB ugeet, do kann ech lech just de Chiffer soe vun 2018. 2018 huet dat 1,5 % vum PIB ausgemaach. Méi rezent Chiffere hunn ech elo net. Mee nach eng kéier: Dat ass

awer Tendenz steigend, grad och esou wéi den Emploi, wou ech lech och elo fir d'Joer 2018 de Chiffer vun 840 Leit hei ka soen. Mee och do - nach eng kéier - hoffe mer, dass dat sech och wäert an deenen nächste Joren entwéckelen.

Dir wësst och an Dir kënnst lech erënneren, dass mer deemools och eng Motioun adoptéiert haten hei an der Chamber, wéi mer d'Gesetz 2017 gestëmmt hunn. Ech hat dat och matgestëmmt. Dat hat iwwregens och e ganz breede Support hei vun den Deputéierten an der Chamber.

A wann ech déi verschidden Informatiounen un d'Regierung elo kucken, déi do drastinn, da gesinn ech, dass all déi Informatiounen do awer gréisstendeels agehale goufen, sief et am Beräich vun der Adoptioun vun Accorden, sief et och am Developpement vun engem Plan directeur, engem Masterplan, wat fir mech wierklech och dee Plan national do ass, vun deem ech lech elo just gezielt hunn. Awer och an deenen anere Beräicher: Integratioun vun der Uni Lëtzebuerg a vun de Centres de recherche. Voilà, soudass mer do, wann net scho komplett compliant, mee awer op d'mannst um gudde Wee sinn, fir och déi Motioun do ze respektéieren an anzehalen.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Fayot. An ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Mosar fir eng Zousazfro.

■ **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, merci. Fir d'éischt emol merci un den Här Minister. Ech wëll dat och ervirsträichen: Et kritt een net ëmmer komplett Äntwerten. Den Här Fayot huet sech awer vill Méi ginn, quasiment op all meng Froen ze äntweren, wat ech och emol eng kéier expressement wëll begrëssen.

Allerdéngs huet en trotzdem vergiess - an ech weess, et war och net einfach, well et ware vill Froen -, awer op eng ze äntweren, déi awer net onwichtig ass. An zwar ass dat déi, ob d'Regierung entre-temps ..., oder géif envisagéieren, selwer oder iwwert d'SNCL oder iwwer soss eng Institution nach Participatiounen a Gesellschaften an deem dote Secteur ze huelen.

Ech hunn a menger Introductioun jo och do op déi méi schlecht Erfarungen higewisen, déi mer do gemaach hunn oder déi de Staat do gemaach huet, mat Planetary, awer och mat Spire Global. Duerfir wollt ech eigentlech vum Prinzip hier wëssen, ob d'Regierung trotzdem nach gedenkt, an deem Secteur Participatiounen ze huelen, ob eventuell och do scho Kontakter lafen.

An deem Kontext wollt ech dann och dovun profitéieren - well dat jo awer nach ëmmer de Fleuron vun deem ganze Secteur Satellitten ass, d'SES -, fir eng Zousazfro ze stellen. Et war elo an deene leschten Deeg bekannt ginn, datt d'SES dee Splitting net méi géif wëlle maachen, deem ee Moment an der Diskussioun war, wou se déi reng Satellittenaktivitéite vun deenen anere géif trennen a wou och ee Moment envisagéiert war, dofir eng separat Struktur an den USA ze grënnen. Anscheinend ass dat vum Dësch. Ech wollt do froen, ob de Minister eis vläicht och zu deem Punkt kéint nach zousätzlech Informatiounen ginn.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Mosar. Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Wirtschaftsminister fir eng Zousazäntwert op dës Zousazfro.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Bon, wat deen éischte Volet vun der Fro ugeet, ob mer elo gedenken, weider Participatiounen ze huelen an anere Gesellschaften, déi an deem Beräich aktiv sinn, ass do näischt elo dans l'immédiat geplangt. Mee Dir hutt déi zwee Beispiler genannt, oder haaptsächlech dat vu Planetary Resources, wou mer jo vill hei an der Chamber driwwer diskutéiert hunn.

Ech ginn elo net méi an op den Argumentaire, dee mäi Virgänger deemools do gemaach huet, mee ech mengen, et soll een op si fir Opportunitéiten an et soll een op sinn, fir Saachen ze analyséieren. Ech mengen, et soll ee sech déi Méiglechkeet net huele loosse, sief dat iwwert d'SNCL oder iwwer iergendeng aner juristesche Form oder Méiglechkeet, déi een huet.

Mir sinn hei an engem Beräich, dee ganz dynamesch ass, dee sech staark entwéckelt a wou ee soll all d'Opportunitéite kucken, déi kommen. Mir maachen dat op eng ganz seriö a grëndlech Aart a Weis mat engem Aemierk op d'Vergaangenheet an op déi Risiken, déi et an deem Secteur natierlech gëtt, mee mir loosse eis déi Méiglechkeet awer op alle Fall net huelen.

Bon, wat d'SES ugeet, do kann ech lech elo näischt dozou soen. Dat ass och en Dossier, wou Der wësst, dass och de Premier, Medien a Kommunikatiounsminister ganz staark implizéiert ass. Ech hu lo keng ganz rezent Informatiounen zu deem, wat Der elo do gesot hutt. Ech misst mech do schlaumaachen. Mee ech si sécher, dass dat e

Sujet ass, deem dann nach eng kéier wäert erëmmen an deenen nächste Wochen a Méint.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

5. 7663 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Claude Lamberty, d'Madamm Cécile Hemmen, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen an den Här Serge Wilmes.

Ech géif dann direkt d'Wuert un d'Rapportrice vum Projet a vun der parlamentarescher Commissioun, déi honorabel Madamm Chantal Gary, ginn. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst, geet et bei der järelecher Orientéierungsdebatt zu de grands Projets, déi mer haut de Mëtte féieren, ëm de Financement vun de grouss staatlechen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen.

Fir déi deementsprechend Etüden an natierlech och d'Projete kënnen ze realiséieren, muss d'Chamber fir d'éischt hiren Accord de principe dozou ginn. Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Informatioun a Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen, esou wéi et vun der Budgetskontrollkommissioun 2005 an 2006 festgehele gi war.

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi viraussiichtlech e Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro, oder méi, erreche wäerten. Doriwwer eraus muss dann awer bekanntlech och nach fir all Projet, deem de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, an engem spéidere Stadium e speziell Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem sech d'Chamber dann am Detail auserneeetze muss.

D'Budgetskontrollkommissioun ass fir de finanzielle Suivi vun de groussen Infrastrukturprojeten zoustänneg. Dat bedeit, datt den zoustänneg Minister der Commissioun all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun all Projet muss presentéieren, deem am Kader vun dëse Grandprojets-Debatten accordéiert ginn ass. Dee leschte Rapport, zu 39 lafende Projete vu Bâtiments publics, ass nach ganz frësch, an zwar war deen elo Enn Oktober am Chambercourrier.

Souvill scho mol zur parlamentarescher Prozedur, déi elo, mat just lichte Upassungen, zënter bal 15 Joer besteet.

Haut de Mëtte geet et hei am Debat ëm den Accord de principe fir weider 20 Infrastrukturprojeten. 2 dovunner gehéieren an de Beräich vun der Eisenbahn, 11 Projete leien an der Verantwortung vu Bâtiments publics a 7 an där vu Ponts et chaussées. An der Commissioun vun der Mobilitéit an den öffentliche Bauten hu mer dës Projeten an de Sëtzunge vum 24. September a vum 1. Oktober 2020 vun de verschiddenen Administratiounen virgestallt kritt.

Wa mer eis déi Lëscht méi genee ukucken, stelle mer fest, datt de Spektrum vun de Projete wéi ëmmer ganz breed ass. Dat geet vun:

- neie Schinnen iwwer Strukture fir den öffentliche Dëngscht,

- d'Police, d'Justiz, den Härebiërg,

- den Accueil vu Flüchtlingen, Schoulen a multimodal Transportinfrastrukturen,

- bis zum classesche Brécken- a Stroossebau

- an dem néidegen Ënnerhalt vu Strukturen, déi e bëssen an den Alter komm sinn,

- genee wéi och ëm d'Virfinanzéierung vun engem Gebai fir den Europäesche Stabilitätsmechanismus.

Et geet deemno ëm weider Milliouneninvestitiounen an d'Zukunft vun eisem Land:

- ëm Investitiounen fir modern staatlech Servicer,

- fir d'Educatioun, d'Sécherheet, erneierbar Energien,

- a fir eng effikass a multimodal Mobilitéit, déi Zuch, Bus, Tram, Auto, Vëlo a Foussgänger méiglechst gutt matenee vernetzt.

Dee leschte Punkt, d'Mobilitéit, kann een och als Haptprioritéit vun der aktueller Editioun vun der Grandprojets-Lëscht gesinn. Ënnert den 20 Projete sinn dëst Joer nämlech net manner wéi sechs Projeten, déi e Pôle d'échange multimodal betreffen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi meng Virgänger vun de Grand-projets-Rapporte wäert ech lech dës 20 Projekte mëndlech just a gekierzt Form virstellen. Déi weider Detailler kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport an doriwwer eraus an de Präsentatiounsdokumenter vun de Verwaltungen noliesen.

Ech fänken u mat den eelef Projekte vu Bâtiments publics, an där selwechter Reiefolleg, wéi se am schrëftleche Rapport opgefouert sinn.

Déi éischt siwe Projekten dovunner gi jo iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert, zwee weider Projekten iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires, deen zéngte Projekt iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux, an dee leschten iwwert d'Loi de garantie vun 1970 als Prefinanzement fir d'EU.

Beim éischte Projekt geet et ëm d'Konstruktioun vun engem neien administrative Gebai fir de Staat zu Bouneweg um Bord vun der Rocade direkt bei der Bréck, dat heescht um Eck vun der Rue du Dernier Sol an der Diddenewener Strooss. Dësse Projekt gesäit e sechsstäckege a flexibel Gebai vir, mat den néidege Büros- a Versammlungsraum fir bis zu 250 Persounen. Et geet hei ëm eng Bruttofläch vu ronn 4.600 m².

Deen zweete Projekt vu Bâtiments publics betrëfft d'Modernisatioun an d'Extensioun vum regionalen Depot vu Ponts et chaussées direkt nieft der Autobunnsofkaart um Potaschbierg zu Gréiwemaacher. Hei soll nieft engem neien administrative Gebai fir ongeféier 25 Leit och eng Lagerhal fir de Stockage vu Material a vu Gefierer gebaut ginn, genee wéi och zwee Siloe mat Salz, fir bei Glatäis séier kënnen op der Autobunn ze intervenéieren.

Beim drëtten Projekt geet et ëm den 71 Meter héijen „Tuerm A“ um Kierchbierg nieft der Philharmonie. Wann d'Europaparlament bis geplënnert ass, soll dës 17 Joer alen Tuerm esou amenagéiert ginn, datt all d'Servicer vum Ministère vun der Fonction publique wéi och den INAP hei kënnen ënnerkommen. Zum Beispill soll d'Entréeshal esou ugepasst ginn, dass bis zu 500 Leit pro Dag kënnen empfaange ginn.

Fir de véierte Projekt sprang mer vum Kierchbierg op de Verluerekascht. Hei solle bei der Kräizung vun der Rue Marie et Pierre Curie an dem Boulevard Général Patton d'Gebaier um fréiere Garage vun der Gendarmerie renovéiert ginn, fir de Service de protection vun der Regierung hei ënnerzebréngen. Dësse Projekt beinhalt ënner anerem 23 Büros, 3 grouss Versammlungs- a Formationssäll, 1 Garage fir déi 34 Déngschtautoen a ronn 40 Parkplazen.

De fënnefte Projekt betrëfft déi zweet Phas vun der Cité policière Grand-Duc Henri op der Route de Trèves um Findel. D'Zil ass et, dräi Gebaier ze reamenagéieren an nach en neit derbäizebauen. D'Police judiciaire genee wéi och verschidden aner Servicer vun der Police sollen heihinner plënnere. An deem neie Gebai soll ënner anerem och den DNA-Labo ënnerbruecht ginn.

Beim sechste Projekt vu Bâtiments publics geet et ëm e wonnerschéint historiescht Gebai direkt nieft der Kathedral, wou zanter 1973 a bis viru Kuerzem d'Nationalbibliothék nach hire Siège hat. A senger laanger Geschicht war dës Site säit dem 17. Joerhonnert de Sëtz vum Jesuittkolléisch an no kuerze militäreschen Episoden als Prisong, Kasär oder Spidol spéider nees eng Schoul, nämlech de Stater Kolléisch respektiv den Athénée bis 1964.

Als nächst Etapp soll d'Gebai elo fir d'Justiz amenagéiert ginn. Et geet haaptsächlech ëm Raimlechkeete fir d'Chambres commerciales vum Bezirksgericht, deenen hir aktuell Raimlechkeeten ufänken, ze kleng ze ginn. Nieft dem Gericht mat Büros, Bibliothék, Archiven, zwee Reuniounsraum an dräi Geriichtssäll soll e Rez-de-chaussée fir Commerce, Restauratioun an ëffentlech Servicer amenagéiert ginn, soudatt de Public zur Säit zum Knuedler hi vun deem flotte Bannenhaff profitéiere kann an hei eng lieweg Plaz entsteet.

De siwenten a leschte Projekt, dee vum Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert gëtt, betrëfft d'Kasär Grand-Duc Jean um Härebiereg zu Dikrech. Hei geet et ëm e grouse Pilotprojekt, genannt „Prosumer“, zwecks Produktioun an Eegeconsummatioun vu grëngem Stroum. All notzbar Daachfläche vun der Kasär solle mat Fotovoltaikmodüllen ekipéiert ginn, fir d'Potenzial vun der Solarenergie maximal ze exploitéieren.

D'Konzept gesäit an deem Sënn eng Eegeproduktioun vun 3,4 Megawattstonne Stroum vir an eng Deckung vun iwwer 60 % vum Stroumverbrauch vum Härebiereg. Fir d'Späicherung vum Stroum wäerte Batterië vun ongeféier 1,2 Megawattstonne Capacitéit installéiert ginn. Ob dat zentral op enger Plaz oder dezentral op méi Gebaier verdeelt gëtt, steet a ce stade awer nach net fest.

Beim aachte Projekt, finanzéiert vum Fonds d'investissements publics scolaires, geet et ëm dat aalt Gebai vun der Ediff an der Route d'Esch zu Monne-rech. Et ass geplangt, dës Gebai ze renovéieren a

fir de Grondschoulberäich vun der École internationale vun Déifferdeng an Esch ze amenagéieren. De Projekt viséiert eng Schoulpopulatioun vu ronn 280 Schüler, mat zwielef Klassesäll, verschiddene Büros, extrae Säll, wéi zum Beispill fir d'Musek oder fir d'Konscht, engem Sportssall, enger Bibliothék, enger Kichen, enger Kantin, Raimlechkeete fir eng eege Structure d'éducation et d'accueil an natierlech dem Amenagement vum Ausseberäich mat Busquai a Parking.

Fir den néngte Projekt bleiwe mer nach am Educatiounsberäich. Zu lerpeldeng bei Ettelbréck soll op kommunalem Terrain tëschent dem Fussballsterrain an der Primärschoul, net wäit ewech vum zukünftege Site vum Nordstad-Lycée, eng prefabriquéiert Struktur fir dës Lycée entstoën.

■ **M. André Bauler (DP).**- Très bien!

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Domadder wäert den Nordstad-Lycée seng Aktivitéit schonn e gudder Krack méi fréi starte kënnen an d'Gemeng lerpeldeng wäert hirersäits dësse Prefabriqu fir d'Extensioun vun hirer Primärschoul notze kënnen, soubal de Lycée an den definitive Schoukkomplex geplënnert ass.

■ **M. André Bauler (DP).**- Nach besser.

(Hilarité)

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Dësse Prefabriqu gëtt fir 400 bis 450 Schülerinnen a Schüler geplangt a beinhalt 15 Klassesäll, 4 multifunktionell Atelieren, Büros an e Restaurationsberäich.

Mam nächste Projekt wiere mer dann och elo an der Hallschent vun de Projekten ukomm. Dës gëtt vum Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux finanzéiert. Um Kierchbierg an der Rue Dr Nicolas Clasen soll en neit fënnefstäckege Gebai fir den Office national de l'accueil gebaut ginn. Dësse Foyer soll eng Capacité d'accueil fir 120 Persounen bidden. Um Rez-de-chaussée ginn nieft de Raimlechkeete fir den ONA och nach 160 m² fir de Projekt „Quartier Stuff“ vum Kierchbierg zur Verfügung gestallt.

Den eelefte Projekt, finanzéiert duerch d'Loi de garantie vun 1970, betrëfft de Bau vun engem administrative Gebai um Kierchbierg. Dësse Büroskomplex soll zur Hallschent vum European Stability Mechanism besat ginn an zur Hallschent vum Lëtzebuerger Staat. Et sinn Eenzelbüros, Groussraumbüros souwéi Reuniouns- a Konferenzssäll virgesinn. Um Rez-de-chaussée am Deel, dee fir de Staat virgesinn ass, ginn och Geschäfte a Restauratioun envisagéiert. Den ESM huet des Weideren eng Optioun op 6.000 m² vum Staat fir eng spéider Extensioun vu sengem Siège.

Da kommen ech bei d'Projete vu Ponts et chaussées, déi iwwert de Fonds des routes finanzéiert ginn. Wéi ugekënnegt, läit heibäi de Fokus op effikassen, sécheren a bequeme Pöles d'échange multimodal.

Fir deen éischte vun de siwe Projekte vu Ponts et chaussées bleiwe mer geografesch an der Stad. Heibäi geet et ëm de Reamenagement vun der Bouneweger Rocade op der Héicht vun der Gare. Hei gëtt de komplette Stroossereseau ronderëm deen neie Pôle d'échange reorganiséiert an d'Rocade nieft der Gare ënnerierdesch geluecht. Hei driwwer entsteet dann eng flott ëffentlech Plaz mat gudder Ubannung fir Vëlo a Foussgänger. Virun allem wäert dës Projekt awer och déi momentan staark urban Trennung tëscht Bouneweg an der Gare ophiewen. Dësse Projekt ass deemno eng wäertvoll Ergänzung fir de Pôle d'échange Gare, deen d'Chamber schonns mat de grands Projets vun der Sessioun 2018 an 2019 validéiert huet.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Beim nächste Projekt geet et ëm d'Rekonstruktioun vun der Eisebunnsbréck zu Beetebuerg. Fir eng komplett respektiv eng partiell Schléissung vun der Beetebuerg Gare ze evitéieren, wuel wëssend, datt Beetebuerg no der Stad déi Gare mat der gréisster Frequentatioun ass, gëtt d'Bréck net sanéiert, mee duerch en Neibau ersat.

■ **M. André Bauler (DP).**- Impressionnant!

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Heibäi handelt et sech ëm eng nei Bréck, déi eng Liewensdauer vun 100 Joer huet. Dës bréngt mat sech, datt manner oft intervenéiert muss ginn a manner Entretenensaarbecht usteet. D'Bréck gëtt esou rekonstruéiert, datt op béide Säiten en 2,5 Meter breede Gabarit fir d'Mobilité douce matageplangt gëtt.

Den drëtten Projekt vu Ponts et chaussées ass de Reamenagement vun der Stäreplaz. D'Stäreplaz spillt eng wichteg Roll, wat d'multimodal Mobilitéitsplanung ugeet, a soll e séiert a bequemt Émklammen tëscht Bus an Tram garantéieren. Dat gëllt besonnesch fir d'Buslinnen aus dem Nordweste vum Land, awer och fir d'Tramslinn, déi spéider Richtung CHL fuere wäert. D'Busgare vun dësem wichtige Pôle d'échange muss awer aus

Plazgrënn ënnerierdesch geluecht ginn, an zwar op den Niveau -1 vum urbanistesche Projet vun der Stäreplaz.

De véierte Projekt vu Ponts et chaussées bezitt sech op de multimodale Korridor tëscht Agglo-Lux an Agglo-Sud, also tëscht der Stad an Esch. Nieft dem séieren Tram an der Vëlosexpresslinn gëtt et hei natierlech nach vill weider Nieweprojeten, fir och eng gutt Fluiditéit a Qualitéit vun dëser Streck ze assuréieren. Hei geet et virun allem ëm Projeten zur Verkéiersberouegung an ëm Vëloszoubréngerweeër zu Leideleng, Steebrécken, Wickreng, Féiz, genee wéi och ëm verschiddene Reamenagementen zu Esch, um Belval an zu Bieles.

Och déi dräi leschte Projekte vun de Ponts et chaussées treffen d'multimodal Vernetzung vun der Mobilitéit.

Hei geet et eemol ëm den neie Pôle d'échange Ouest an der Stad an ëm d'Restrukturatioun vum Echangeur Stroossen/Helfent am Kontext vun der zukünfteger Tramslinn an dem Bau vun engem moderner Pôle d'échange multimodal fir Auto, Bus, Tram a Mobilité douce.

E weidere groussen neie Pôle d'échange multimodal soll dann um Bouillon entstoën, op der Intersection vun der A4 respektiv B4 an dem Boulevard de Merl/Boulevard de Cessange, wou och d'Tramubannung nees eng Roll spillt.

An dee leschte Projekt betrëfft d'Optimisatiouns-moossname vun der A4 an der A13, déi en vue vun der Arrivée vum séieren Tram an dem Buscoulouir adaptéiert ginn. Den neien Accès an d'Aktivitéitszon um Monkeler an de Reamenagement vum Echangeur Lalleng berücksichtegen deemno och de Besoin fir en neie groussen Pôle d'échange multimodal inklusiv engem Parkhaus.

An da kommen ech och scho bei déi zwee leschte Projekte vun der Lëscht. Dës betreffen d'Eisebunn respektiv de Fonds du rail.

Deen éischte Projekt vum Fonds du rail gesäit enger-säits vir, d'Ateliere vu Beetebuerg nees op den neiste Stand ze bréngen. Anerersäits sollen hei dann awer och nach weider Atelieren a Büros entstoe souwéi e weidere Quai. An den ënnerierdesche Réseau gëtt renouvéiert respektiv adaptéiert.

An da komme mer bei dee leschte Projekt aus der Lëscht vun de grands Projets vun dësem Joer. Op der Ettelbrécker Gare komme véier elektrifizéiert Gleiser als „zone garage matériel voyageur“ a fënnef net elektrifizéiert Gleiser als „zone base travaux“ derbäi. Dës nei Gleiser a Parkcapacitéte wäerte vun Ettelbréck aus d'Gestioun vum Fuermaterial a vun de Chantieren am Norden an am Zentrum verbesseren.

Souvill zu den 20 Projekte vun der Grand-projets-Lëscht fir d'Sessioun 2020 an 2021.

D'Kommissiounsmitglieder hunn an der Sëtzung vum 22. Oktober hiren Aval zum virleiende Rapport ginn a proposéieren och der Pleniéer, der Regierung d'Zoustëmmung zum weideren Ausschaffe vun dësen 20 Projeten ze ginn.

An deem Sënn iwwerreechen ech lech, Här President, déi üblech Motioun, mat där d'Chamber hir Zoustëmmung zu dëse Projekte gi kann.

Motion 1

« Grands projets d'infrastructure de l'État »

La Chambre des Députés,

vu, d'une part,

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure ;

- la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics ;

vu, d'autre part,

- l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 ;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité ;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre ;

vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « Grands projets d'infrastructure Travaux publics » du 23 octobre 2008 ;

considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002 ;

vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD), présentée lors des réunions du 24 septembre et du 1^{er} octobre 2020 de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics ;

considérant que, suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission de la Mobilité et des Travaux publics a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée ;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2021 afin de garantir les objectifs suivants :

A. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs :

· Bâtiment administratif à Luxembourg-Bonnevoie

· Administration des ponts et chaussées à Grevenmacher, dépôt Potaschbierg

· Bâtiment Tour A au Kirchberg - aménagement pour les besoins du Ministère de la Fonction publique

· Service de la protection du Gouvernement au Verlorenkost - rénovation et assainissement énergétique de l'ancien garage de la Gendarmerie

· Cité policière Grand-Duc Henri au Findel, 2^e phase

· Ancienne Bibliothèque nationale, rue Notre-Dame - réaménagement notamment pour les besoins de l'Administration judiciaire

· Installation de panneaux photovoltaïques et travaux d'infrastructures Smart-Grid au Herrenberg

B. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires

· École fondamentale internationale EIDE à Mondercange - transformation de l'ancien bâtiment de l'Ediff

· Bâtiment préfabriqué pour le Nordstad-Lycée à Erpeldange

C. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux

· Nouveau Foyer ONA au Kirchberg

D. En ce qui concerne le champ d'intervention de la Loi de garantie (préfinancement)

· Bâtiment administratif pour l'ESM et pour des services de l'État au Kirchberg

E. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes

· Réaménagement de la Rocade de Bonnevoie au droit de la gare centrale

· Pont Hammerel à Bettembourg

· Réaménagements dans le cadre du développement/pôle d'échange de la place de l'Étoile

· Infrastructures de transports dans le cadre du tram rapide entre Luxembourg et Agglo-Sud

· Pôle d'échange Ouest et restructuration des échangeurs de Helfent/Strassen sur l'A6

· Nouveau pôle d'échange Bouillon et raccordement à l'A4/B4

· Pôle d'échange A4 en interaction avec le tram rapide et le réaménagement A4/A13

F. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail

· Nouveaux atelier et magasin au Centre logistique de l'infrastructure ferroviaire à Bettembourg

· Gare d'Ettelbruck - aménagement d'un faisceau de garage et d'une base de travaux

(s.) Chantal Gary, Jeff Engelen, Cécile Hemmen, Aly Kaes, Claude Lamberty, David Wagner.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice.**- Dës Motioun ass vu sechs Fraktiounen a politesche Sensibilitéiten heibannen ënnerschriwwen a fuerdert d'Regierung op, déi néideg Planungsschrëtt ze lancéieren, fir datt déi ernimmt Projekte kënnen ëmgesat ginn. Ech ginn elo net an den Detail vun dëser Motioun an. Bis op d'Lëscht vun de Projeten ass et déi nämmelech Motioun, déi all Joers hei erëmkennt.

Ech wëllt dann zum Schluss nach dovunner profitéieren, fir alle bedeelegte Beamten aus den



Administratioun vu Bâtiments publics, vu Ponts et chaussées a vun den CFL e grouse Merci fir d'Preparatioun an d'Presentatioun vun de Projeten an eiser Kommissioun ze soen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder schléissen ech mäi Rapport of a ginn och direkt den Accord vun der grénger Fraktioun fir d'Motioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools der Rapportrice, der honorabeler Madamm Chantal Gary. An ech ginn d'Wuert weider un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Aly Kaes.

(Interruptions et brouhaha)

Här Kaes, loosst lech net impressionéieren! Dir hutt d'Wuert.

Débat

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Merci, Här President. Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Merci wëll ech fir unzefänken der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary, soe fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee mer elo konnten an Turboform hei verfollegen.

Ech begrëssen natierlech och, dass dës Kéier genau zum richtigen Zäitpunkt a sech hei iwwert déi grouss Infrastrukturprojete geschwat gëtt. Ech wëll duerfir ganz speziell eisem President vun der Kommissioun vun der Mobilitéit, dem Här Carlo Back, Merci soen. Ech hat e jo d'leschte Kéier kritiséiert. A wann ee kritiséiert, well eppes net gutt ass, an et duerno gutt gemaach gëtt, da soll een dat och soen.

■ **Une voix.** - Très bien!

(Interruption)

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Ben, mir hunn et tatsächlech och fäerdegbruecht, trotz all deenen Diskussiounen an deene Problemer, déi mer am Kader vum Covid hunn, wéi gesot, eis un déi Prozedur ze halen. Et ass einfach wichteg, an d'Madamm Gary huet et opgezielt, dass et wichteg ass, dass mer ganz fréi agebonne ginn hei als Chamber an déi ganz Prozeduren, an d'Diskussiounen ëm déi grouss Infrastrukturen. Dat ass heimmadder geschitt. A mir kënnen also vun der Pick op, kann ee bal soen, verfollegen, wann déi Projeten ëmgemat ginn.

Ech wëll awer och soen, dass et eng Neierung ass an der Fraktioun vun der CSV: Et ass net nëmmen een, deen heiriwwer referéiert, schwätzt, mee mäi Frënd a Kolleeg Serge Wilmes wäert virun allem d'Projeten am Zentrum a speziell awer och an der Stad Lëtzebuerg e bëssen analyséieren an iwwert déi Projeten eventuell eng Rei Froe stellen an eng Rei Iwwerleeunge féieren. Hien ass gutt placéiert, fir dat ze maachen.

■ **M. Gusty Graas (DP).** - Dat sot Der gutt!

(Interruption et brouhaha)

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Bon, zu de Projeten am Süde wäerten, wann et néideg ass, Froen ze stelle respektiv Iwwerleeungen ze maachen, déi dann natierlech och gemaach ginn. Do kennt Der ganz berouegt sinn, Här Graas.

(Interruption)

Wéi ech virdu gesot hunn, ech wëll mech spezifesch ëm déi Projeten am ländleche Raum këmmen. Dir wësst, dass et mech zënter dem Ufank vu menger politescher Karriär ëmmer erëm agesat hu fir de ländleche Raum am Allgemengen - natierlech fir den Norden am Besonneschen -, well ech der Meinung si ganz einfach, dass een och den Awunner am ländleche Raum soll gutt Infrastrukture ginn. Keng Angscht, ech wäert elo net hei nach eng Kéier ufänken, iwwert d'N7 ze schwätzen, iwwert d'Veierspueregkeet, ...

(Exclamations)

... iwwert d'Veierspueregkeet, Dir kennt do meng Meinung. Déi huet sech net geännert, well dat déi richtig ass.

(Brouhaha et hilarité)

Ech wëll awer bei där Geleeënheet ...

(Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Den Här Kaes huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - Ech wëll awer bei där Geleeënheet dem Här Minister Merci soen, dass e bei Geleeënheet vun der leschter Kommissiounssetzung vun der Mobilitéit op meng Fro, wéi dann d'Evolutioun wier op der N7, gesot huet - an hie ka mech hei beléieren, wann ech dat net genau erëmginn, duerfir wier ech och frou, wann en dat hei géif bestätegen an eventuell schonn e puer weider zousätzlech Informatiounen ginn -, hie géif dësen Hierscht - den Hierscht huet elo ugefaangen, ech ginn also dervun aus, dass dat deemnächst wäert sinn - dräi Finanzéierungsprojete presentéieren. Engersäits fir de Contournement Schieren - ech soen

dat méi global -, anersäits fir déi ganz Securisatioun vun der N7, vun ënne bis uewen. Do si jo eng ganz Rei vun Unterführungen a Saache geplangt. An dann, drëtzens, och fir de Contournement vun Housen. Wéi gesot, dass beweist jo, dass awer e bëssen eppes op där N7 geschitt. Wéi gesot, den Här Minister ka vläicht herno kuerz dodrop agoen.

Ech muss dann awer och soen, dass dëst Joer op där Lëscht vun de Projete virun allem Projeten am Zentrum an an der Stad sinn a manner Projeten am Norden, Osten, an dass souguer manner Projeten am Süden op der Lëscht sinn.

Et si virun allem dräi Projeten am Norden. Et ass virun allem ee Projet am Osten, en ass hei erwänt ginn, de Potaschbiërg, wou jo d'Ponts et chaussées nei Gebailechkeete solle kréien, wat natierlech mäi Kolleeg, de Léon Gloden, vun der Muselmétropol ganz besonnesch wäert freeën, well hie jo den direkten Noper vum Potaschbiërg ass.

Ech hunn et gesot, et sinn dräi Projeten am Norden, op déi ech méi spezifesch wëll agoen, a wéi gesot, de Frënd Serge Wilmes wäert dann op déi aner Projeten am Detail ze schwätze kommen.

Ee Projet, deen natierlech vun der Madamm Gary och erwänt ginn ass, ass den Härebiërg, wou jo Fotovoltaikpannoen installéiert ginn an e Smart-Grid-System eebefalls installéiert gëtt. Dat heescht, et ass a sech, wéi et gesot ginn ass, e Pilotprojet an et geet do drëm, an engem neie System engersäits net nëmmen ze produzéieren, mee och ze konsumméieren op der Plaz, dat heescht, déi Energie, déi op der Plaz produzéiert gëtt, och direkt op der Plaz a sech ze verwäerten. Mir fannen dat eng ganz positiv Approche. Mir fannen et och ganz sénnvoll, dass hei Batterië matinstalléiert ginn, eebe fir kënnen e Maximum vun Energie ze konsumméieren.

Ech mengen, dass dat och e Projet ass, deen a sech eng gewësse psychologesch Wierkung bei de Leit dierft hunn, well d'Leit éischter bereet sinn, Pannoen op hiren Diecher ze installéieren, wa se déi Energie, déi do produzéiert gëtt, och selwer kënnen notzen. An deem Kontext ass jo och e Projet de loi vum Här Minister Turmes ënnerwee.

Als nächst wëll ech de Projet vum Nordstad-Lycée zu lerpeldeng un der Sauer kuerz uschwätzen. Ben, et gëtt natierlech am Norden eng ganz Rei Besoinen, fir Lycéesinfrastrukturen ze realiséieren, soudatt et gutt ass, dass elo schonn, en attendant dass déi definitiv Raimlechkeete fir den Nordstad-Lycée fäerdeg ginn, e Prefabrique installéiert gëtt, wou 400 bis 450 Schüler Plaz fannen.

Mir begrësse ganz sécher och hei, dass et eng Zesummenaarbecht mat der Gemeng lerpeldeng gëtt, déi den Terrain jo zur Verfügung stellt, a wann dann eng Kéier déi prefabriqueiert Struktur verlooss gëtt vum Lycée, dass dann lerpeldeng dat hëlt, fir seng Primärschoul kënnen ze erweideren. Ech hu jo ganz richtig verstanen, dass dat natierlech gratis der Gemeng lerpeldeng iwwergéi gëtt? Och do kann den Här Minister dat nach eng Kéier herno confirméieren.

(Interruption)

Mir hunn zënter Jore schonn eng Diskussioun iwwert deen Nordstad-Lycée. Et ass, mat Ausnam, dass elo Beweegung drakënn, scho vill driwwer diskutéiert ginn. Ech wollt duerfir och hei froen, wéi dass et a sech mat der Evolutioun ass, dass heescht, mat der Acquisitioun vun den Terraine fir dësen Nordstad-Lycée. Zënter Joren, wéi gesot, gëtt driwwer geschwat, awer mir hunn do nach näischt Konkreetes héieren. Egal wéi, mir begrëssen op jidde Fall, dass elo op d'mannst wierklech Beweegung an deen Dossier kënn. An ech hoffen och, dass een dat ka soen, wat se zu Biisse soen, dass mer elo definitiv Neel mat Käpp maachen!

Ofschléissend dann zur Gare Ettelbréck. Ech denken, de Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf ass frou, dass weider an d'Gare Ettelbréck investéiert gëtt, well se entscheedend ass fir den öffentliche Transport am Norden. Fir kloer ze sinn: Si ass den Dréi- an Aangelpunkt vum öffentlichen Transport am Norden. Dës Infrastrukturen, déi um Wuerenhaff solle realiséiert ginn, sinn net onbedéngt fir de Voyageur schrecklech visibel, sinn duerfir awer ganz wichteg fir de Fonctionnement vun der Eisebunn.

Et gi jo véier elektrifizéiert Bunne gebaut als Gare (veuillez lire: als Garage), engersäits, a fënnf Bunnen, déi keng Uewerleitung hunn, déi am Beräich vun den Aarbechten agesat ginn. Och wann ee bedauere kann, dass dësen a sech optimale Site geholl gëtt fir dës Infrastruktur - mir hätten et léiwer gesinn, wann dat ausserhalb vun der Gare Ettelbréck, natierlech un der Schinn, geleeën hätt -, si mer awer der Meinung, dass et gutt a richtig ass, dass et realiséiert gëtt.

Erlaabt mer awer och nach, eppes ze soen zu deem, wat och net direkt an deene Projeten alleguerten dra virgesinn ass; leider net dra virgesinn ass: E Projet, dee ganz ville Leit am Norden, awer besonnesch deenen tëscht Ettelbréck a Wolz, um Härzer läit, ass dee vun engem korrekten Uschloss

un den Autobunnsreseau. Hei denken ech virun allem un de Contournement vun Ettelbréck a vu Feelen. An de leschte Joren, Här Minister, ech muss dat ganz einfach soen, ass wierklech näischt geschitt.

Am Pluriannuel, an dat kann ee jo dann noliesen, stinn op der Säit 361 Dépense vum Fonds des routes fir dës Projete: Et waren 19.000 Euro 2019, et si 50.000 Euro 2020 a 50.000 Euro 2021. Et sinn ... Jo, duerno klëmmt de Betrag minimal an d'Luucht. Woubäi dass dat bei 2024, wann ech mech nach kann erënneren un all déi Zuelen, e bëssen eropgeet. Ech hoffen op jidde Fall, dass dee Contournement do net an de Vergiess kënn, well en ass einfach extreem wichteg fir de Fonctionnement a fir d'Erreeche vun dem Autobunnsreseau fir déi Leit, wéi gesot, tëscht Ettelbréck a Wolz. An et ass ganz sécher och all Dag eng vun den Ursache vum Verkéierschaos an der Stad Ettelbréck.

Voilà. Dat sinn déi puer Bemierkungen, déi ech wollt maachen. Ech wëll och nach näischt derzou soen, ob mer dann d'Zoustëmmung ginn oder net. Dat mécht de Kolleeg Wilmes, ...

■ **M. André Bauler (DP).** - Dir maacht et spannend.

■ **M. Aly Kaes (CSV).** - ... deen nach, wéi ech dat viru drun schonn erwänt hunn, zu enger ganzer Rei Projete wäert Stellung huelen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.** - Merci villmools, Här Kaes. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Claude Lamberty (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, trotz der aktueller Kris oder eebe grad wéinst der aktueller Kris weider investéieren. D'Demokratesch Partei huet sech vun Ufank u fir dës Wee ausgeschwat. Scho bei där leschter Orientéierungsdebat iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten Ufank Abrëll, wou mer nach relativ um Ufank vun der Pandemie stoungen, hunn ech dëst a menger Ried op der Chambertribün - déi aner Säit an der Chamber - ënnerstrach. Och a méi schwéieren Zäiten ass et essenziell, dass net bei wichtege Projete gespuert gëtt an dass déi noutwendeg Investitiounen gemaach ginn.

■ **M. André Bauler (DP).** - Ganz gutt!

■ **M. Claude Lamberty (DP).** - Wat ufanks Abrëll richtig war, ass haut, siwe Méint méi spéit, nach ëmmer geneesou richtig.

Déi lescht Méint waren net einfach. Op ganz villen Niveauen stoungen a sti mir och weiderhin als Gesellschaft virun immens groussen Erausforderungen. Déi lescht Méint haten e gravéierenden Impact op eis Économie an op eis Staatsfinanzen. An et ass nëmmen dank der gudder Finanzpolitik vun de leschte Joren, dass mer de Schock bis ewell iwwerhaapt verkraaft konnten. Ouni déi zolidd Staatsfinanzen, mat deene mer an dës Kris eragaange sinn, wär d'Situatioun haut eng ganz aner. Da kéinte mir eis et net leeschten, déi fir eis Gesellschaft immens wichteg Investitiounen ze maachen. Dat wëll ech an dëser Diskussioun och eng Kéier kloer an däitlech ënnersträichen.

Et bleift ofzewaarden, wat déi nächst Méint wäerte bréngen. Hëllef fir d'Wirtschaft si weiderhin noutwendig an d'Regierung huet se jo och schonn ugekënnegt an deelweis virgestallt. Dat kënn mer als DP-Fraktioun ausdrécklech begrëssen.

Mee d'Erausforderunge vu virun der Kris, déi bleiwen och no der Pandemie bestoen. An dofir musse mer och haut weider investéieren, fir muer net am Abséits ze stoen. Mir mussen investéieren, fir, éischstens, d'Wirtschaft ze stimuléieren an de Leit Aarbecht ze ginn, zweetens, d'Opportunitéit vun der Kris ze notzen, fir eis Gesellschaft an eis Économie méi nohalteg, méi digital a méi resilient ze gestalten, a fir, drëtzens, weiderhin a strateegesch wichtege Beräicher Retarden opzehuelen, eist Land op d'Zukunft ze preparéieren an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger weider ze verbessern. Wa mer dat nämlech haut net maachen, da komme mer an e puer Joer net méi no. An ech soen et ganz kloer: All Euro, dee mir haut a muer an eis Infrastrukture kënn stiechen, ass e Stéck Liewensqualitéit méi fir muer a fir iwwermuer.

■ **Une voix.** - Jo.

■ **M. Claude Lamberty (DP).** - Dowéinst huet de Finanzminister Pierre Gramegna vollkommen zu Recht d'Wichtigkeet vun den Investor am Budget fir d'nächst Joer ënnerstrach. An dowéinst schreift sech de Budget 2021 och an d'Kontinuitéit vun de leschte Joren an, mat engem héijen Niveau bei den Investitiounen. Dat ass wichteg an och richtig, wa mer gären hätten, dass et sech zu Lëtzebuerg och no Corona weider gutt liewe léisst. Wa mer wëllen, dass eist Land och an Zukunft en dynamesch, modernt an attraktiiv Land ass, dann dierfe mer elo net ophalen, déi néideg Jalonen ze setzen.

Ech wëll awer dobäi soen, dass et fir eis als DP wichteg ass, dass d'Investitiounen cibléiert a virop an

deene Beräicher agesat ginn, wou se am meeschten an am dréngendste gebraucht ginn.

Här President, als Demokratesch Partei si mer der Iwwerzeegung, dass dës Regierung an de leschte Joren d'Prioritéit richtig gesat huet, fir dëst Land no vir ze bréngen. Dat gëllt am Allgemengen an dat gëllt och fir d'Investitiounen an d'Infrastrukturen.

Ech wëll elo net am Detail op all déi verschidde Projeten agoen, iwwert déi mer an de leschte Joren op dëser Plaz diskutéiert hunn, mee et ass sécher net ze vill gesot, dass et an de leschte siwe Joer massiv, massiv Investitiounen an d'Infrastrukture gouf an dass wichteg Akzenter gesat gi sinn, fir eist Land ze moderniséieren an den Erausforderungen, mat deene mer konfrontéiert sinn, Rechnung ze droen: sief dat an der Mobilitéit mat dem Ausbau vum öffentlichen Transport a virop dem Tram an der Vergrößerung vun der Stater Gare, sief et bei de schouleschen Infrastrukture mat zeg Lycéeën, déi moderniséiert an ëm- oder ausgebaut ginn, sief et bei soss Infrastrukturen, wéi bei eise Verwaltungen, bei der Police, an der Santé oder och am Sport.

Wou et nom Confinement drëms gaangen ass, e Pak fir d'Relance zesummenstellen, huet d'Regierung op en Neits d'Weichen an déi richtig Richtung gestallt. Et goufe kloer Chancen erkannt, d'Gesellschaft méi nohalteg, méi digital a méi resilient opstellen. Wa mer haut iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat fir déi nächst Jore schwätzen, spigelt déi Lëscht dës Consideratiounen en gros zimmlech genee erëm.

Här President, eng vun de gréissten Erausforderunge fir eist Land ass a bleift d'Mobilitéit. D'Tat-saach, dass duerch de Covid an de leschte Méint vill méi staark Gebrauch vum Teletravail gemaach ginn ass, dierf net driwwer ewechtäuschen, dass mer hei weider musse Gas ginn, fir Lëtzebuerg méi mobil ze kréien an de Leit méi Méiglechkeeten ze ginn, fir sech ze deplacéieren. Fir eis als DP ginn déi zwou Saachen Hand an Hand: eng aner Manéier fir ze schaffen a fir ze liewen duerch den Home-office, duerch Dezentraliséierung an duerch d'Stärkung vun Lokalen a gläichzäitig eng gutt Infrastruktur fir all Zorte vun der Mobilitéit - fir de Bus, fir den Zuch, fir déi duuss Mobilitéit, mee och fir den Auto -, soudass d'Leit, déi sech mussen deplacéieren, dat och op eng kamoud an op eng effikass Manéier kënn maachen.

Den Teletravail muss fir eis onbedéngt iwwerall do, wou et méiglech ass, geférdginn. D'Betriber sollen Ënnerstützung fannen, fir hire Leit dat kënnen ze erméiglechen. Mee mir sinn och ganz realistesch an där Hisiicht: Den Teletravail ass elo net d'Allheilmittel, fir all d'Problemer ze léisen. Mee Tatsaach ass: Punktuell an der Woch vun doheem aus schaffen, dat hëlt e gewëssenen Drock vun eise Stroossen erof.

Gläichzäitig mussen déi Efforten, déi an deene leschte Jore gemaach goufen, natierlech weidergefouert ginn. Well och wann den Teletravail an d'Dezentraliséierung sécherlech wichteg Puzzlestécker sinn, brauche mer eng Mobilitéit hei am Land, déi et jidderengem erméiglecht, bequeem vun A no B ze kommen.

Eist Land wäert weider wuessen. Am Allgemenge kann een dovun ausgoen, dass eist Land attraktiv fir Leit aus dem noen an awer och aus dem méi wäiten Ausland wäert bleiwen. Deemo ass et elo de Moment, déi Evolutioun ze anticipéieren an eis Infrastrukture weider unzepassen.

De Minister Bausch huet mam séieren Tram tëscht der Stad an Esch an de leschte Wochen e richtungsweisende Projet virgestallt. Duerch e multimodale Korridor sollen déi zwee gréisst Ballungsgebieder am Land besser matenee verbonne ginn. De prinzipiellen Accord fir de séieren Tram, den Ausbau vun der Standspuer op der A4 fir de Covoiturage an de Vëlosexpresswee huet d'Chamber jo scho ginn. Wichteg ass awer och, dass d'Gemengen, déi un dës Couloir grenzen, matabezu ginn an un dës Achs ugebonne ginn, fir op déi Manéier och wierklech vum Projet kënnen ze profitéieren.

Als DP begrësse mer dës Approche ausdrécklech, well mer der Meinung sinn, dass Mobilitéit nëmme funktionéiere kann, wa se no engem kohärente Globalkonzept geplangt gëtt. Als Demokratesch Partei hu mer eis ëmmer nees fir d'Förderung vun der aktiver Mobilitéit ausgeschwat a gläichzäitig betount, dass gutt a sécher Infrastrukturen den A an den O bei deem Thema hei sinn.

Vill Leit si bereet, de Vëlo ze huelen, mee déi mannst wëllen awer moies am Berufsverkéier op der Strooss stoen. Dofir kënn mir all Verbesserungen op dësem Plang natierlech nëmmen ënnerstëtzen. Net just d'Ubannung un de genannte Vëlosexpresswee ass eng gutt Saach, och innerhalb vun den Uertschafte selwer wäerten dës ganz positiv Wirkungen ze gesi sinn.

Des Weidere sinn am Kader vum séieren Tram och verschidden nei Pôles d'échange geplangt, notament ee beim Bouillon an der Stad an een zu Lalleng, also am Prinzip allkéiers um Bord vun enger grousser Agglomeratioun. Dës Pôles d'échange

schreiw sech op en Neits an déi méi grouss Strategie an, onnéidegen Trafick aus der Stad erauszehalen, andeems d'Autoen an der Peripherie ofgefaange ginn. Gläichzäiteg gëtt bei deene Leit, déi den öffentlichen Transport benotzen, eng gréisstméiglech Flexibilitéit erméiglecht, fir hiren Trajet individuell festzeleeën an och esou dee séierste Wee fir sech selwer ze fannen.

Mam Ausbau vum Tram am Weste vun der Stad, engersäits op der Areler Strooss, mee och erof op Märel an Zéisseng, gëtt de Wee, deen an de leschte Joren ageschloe gouf, konsequent weidergaangen. Och hei si weider Pôles d'échange geplangt, notament een tëscht Stroossen an der Helfenter Bréck. Et geet och hei drëm, fir de Verkéier, deen aus dem Weste kënnt, um Bord vun der Stad ofzefänken an d'Leit op den Tram ze dirigéieren, fir dann an d'Stad, an de Stadkär eranzekommen.

Op där anerer Säit huet d'Stad Lëtzebuerg besonnesch a Richtung Westen nach Potenzial fir ze wuessen. An d'ofir ass et essenziell, dass mer elo schonn déi néideg Infrastrukture plangen, fir dass déi dann och schonn tatsächlech do sinn, wann nei Quartieren entstinn.

Als DP sti mer voll a ganz hannert dëser Approche, virausschauend ze plangen, e Gesamtkonzept fir de Verkéier an a ronderëm d'Stad ze entwéckelen an och konsequent ëmzesetzen. Ech denken, wa mer dëst bis an d'Realitéit ëmgëssat hunn, da wäerte mer, ouni ze iwwerdreiwen, hei zu Lëtzebuerg e qualitative Quantessprung an der Mobilitéit gemaach hunn.

Här President, wa mer elo kéinten e puer Joer an d'Zukunft sprangen an en Tour duerch eis Hauptstadt maachen, ech mengen, da géife mer se bal net méi erëmkennen. Sou vill Projekte sinn an der Maach oder si geplangt, ëmmer mat der Iddi, eise Matbierger eng besser Mobilitéit an nach eng besser Liewensqualität ze bidden.

Ech hunn elo scho vill iwwert den Tram geschwat, ma ech hunn zwee Projekten nach net ernimmt, déi lues a lues wäerte realiséiert ginn a wou haut allkéiers just e klengen Deel zur Debatt steet. Mee dës klengen Deel ass dach awer e wichtige Deel vum groussen Ganzen.

Bleiw mer am Weste vun der Stad a komme mer bei d'Stäreplaz. Ech wëll elo net onbedéngt grouss op d'Geschicht vun dësem Dossier agoen. Op alle Fall ass et en Dossier, dee schonn e laange Baart huet. D'ofir si mer natierlech ëmsou méi frou, dass elo e Konzept steet, fir eppes Konkreetes aus där Plaz ze maachen, wou d'Leit sech, mengen ech, herno och gäre wäerten ophalen.

Wéi och ëmmer, et geet bei dësem Debat ëm de Volet vun der Mobilitéit, an och dee schéngt mer extreem villversprechend ze sinn. Déi aktuell Busarrête ginn op den Niveau -1 verluecht, wou eng ënnerierdesch Busgare gebaut gëtt. Och den Autosverkéier wäert ënnerierdesch Richtung Boulevard Grande-Duchesse Charlotte ëmgeleet ginn. Iwwerierdesch soll da just nach den Tram d'Areler Strooss eroffueren, wouduerch eng grouss autofräi Zon entsteet, wou d'Leit sech kënnen ophalen, wou Terrasse sinn a quasi e klengt Erhuelungsgebitt ze fannen ass. Als DP fanne mer et wierklech e flotte Projet an dowéinst sti mer natierlech voll do derhannert.

Deen anere Projet dann an der Stad betrëfft d'Rocade zu Bouneweg, wou u sech eppes Änlech geplangt ass. Dat Ganzt ass en Deel vum Reamenagement vun der Stater Gare, déi sech och an den nächste Jore weider verännere wäert. Op der viischter Säit vun der Gare gesäit ee jo scho verschidde Changementer mam Tram, deen ab Dezember dohinner wäert fueren.

Ma och déi hënnescht Säit Richtung Bouneweg zou wäert reamenagéiert ginn. Doduerch dass eng nei Foussgängerbréck vun der Gare eriwuer gebaut gëtt an d'Rocade ënnerierdesch verluecht gëtt, ginn zum engen de Bouneweger a Garer Quartier vill méi no matenee verzaant an zum aneren entsteet méi Raum fir de Foussgänger an och fir de Vëlosfuerer. Och hei si mer der Meenung, dass dëst ganz am Sënn vun der Liewensqualität vun de Leit aus der Stad an och de Randgemenge vun der Stad ass. A mir kënnen et vun dohier nëmmen ënnerstëtzen.

Erlaabt mer hei op dëser Plaz, awer och nach eng Kéier op d'Wichtigkeet vun enger anerer, definitiver Léisung ze pochen, wat den Ausbau vum Tram an déi domadder verbonne Changementer fir all d'Verkéiersmëttel a Richtung Cloche d'Or an och Gemeng Hesper ugeet. Mir brauchen de Contournement Hesper/Alzeng als lescht Puzzlestéck vum ganze Projet! Dat fir d'Liewensqualität vun de Leit, déi aus Richtung Fréiseng, Weiler, Conter an Hesper a Richtung Stad kommen, awer och ganz besonnesch fir d'Awunner, déi an deem Raum liewen a wunnen. Déi aktuell Situatioun muss eng Léisung kréien, soss verpuft d'Verbesserung duerch de Gesamtreesau Tram genau op deem leschte Puzzlestéck, nämlech beim Contournement vun der Gemeng Hesper.

Ech weess, dass de Minister Bausch dru schafft, mee ech wollt hei nach eng Kéier ënnersträichen, wéi wichteg dass dee Contournement ass.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Lamberty (DP).** - Här President, ech hunn elo scho vill iwwert d'Mobilitéit geschwat, well effektiv e groussen Deel vun de Projeten an déi Kategorie falen. Mee ech wëll awer och ganz kuerz op eenzel aner Projeten agoen.

Virop hu mer nach eng sëllege Projekte fir den öffentlichen Déngscht. Dat geet vu Gebailechkeete fir de Finanzministère iwwert den Depot fir Ponts et chaussées bis zum Ausbau vun der Cité policière um Findel. Lëtzebuerg wüsst. Et entwéckelt sech. An et ass evident, dass d'Fonction publique mat dëser Entwécklung Schratt hale muss. Fir e gudden Déngscht um Bierger ze garantéieren, brauch een déi néideg Infrastrukturen.

Fir d'Demokratesch Partei ass e performanten öffentlichen Déngscht eng vun den ieweschste Prioritéiten. An dowéinst hätte mer natierlech och gären, dass déi Leit och déi Ressourcë kréien, déi se brauchen, fir hir Aarbecht ze maachen.

An der Educatioun sinn dës Kéier zwee Projeten op der Lëscht: déi international Grondschoul zu Monnerech an d'Strukture fir den Nordstad-Lycée zu Ierpeldeng. Op den Nordstad-Lycée wäerte mer an e puer Woche sécherlech nach eng Kéier méi am Detail ze schwätze kommen.

Ma och wann et haut just ëm déi zwee Projekte geet, heescht dat awer net, dass dës Regierung net massiv an eis Kanner géif investéieren. Ech erënnere nach eng Kéier drun, wat de Bildungsminister de Summer d'lescht Joer annoncéiert huet: An den nächste Jore sinn net manner wéi 1,3 Milliarden Euro virgesinn, fir 15 Projeten am schoulesche Beräich ze realiséieren. Derbäi kommen nach ronn 40 Projeten, déi aktuell schonn an der Realisatioun sinn. Do gesäit ee ganz gutt: Dës Regierung investéiert an d'Kanner. Si investéiert an hir Zukunft an domadder och an d'Zukunft vum Lëtzebuerger Land. Als Demokratesch Partei sti mir do natierlech voll a ganz derhannert.

Här President, och wann d'Lëscht vun neie Projeten dës Kéier e bësse manner laang ass wéi an anere Joren, kann a wëll ech awer net op all einzelnen agoen. Ech kéint zum Beispill nach d'Installatioun vun de Fotovoltaikanlagen um Härebiere ernimmen, wouduerch d'Kasär hiren eegene Stroum produzéiere kann, oder och nach den neie Foyer fir den Office national de l'accueil um Kierchbiere. Am Endeffekt kann een et awer an engem Saz resuméieren: D'Demokratesch Partei steet hannert all dës Projeten.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Lamberty (DP).** - D'Coronakris stellt eng grouss Erausforderung duer fir eist Land, souwuel op sanitärem wéi op wirtschaftlech a finanziellem Plang. Mir sinn an der glécklecher Situatioun, dass mer mat zolitte Staatsfinanzen an dës Kris eragaange sinn, soudass mer eis et erlabe kënnen, op déi aktuell Situatioun ze reagéieren duerch Hëllef fir d'Betriben, duerch de Chômage partiel an de Congé pour raisons familiales. A gläichzäiteg hu mer awer d'Capacités, fir trotz a weinst der Kris weider ze investéieren an d'Zukunft vum Land ze preparéieren.

Dat gesot, wëll ech awer net vergiessen, der Raportrice, dem Chantal Gary, e ganz grouss Merci fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport ze soen. An lech natierlech merci fir d'Nolauschteren. An ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Lamberty. An ech ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Cécile Hemmen (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, merci och der Madamm Gary fir hir exzellent Presentatioun.

Wéi all Projeten, déi mir an deene leschte Méint op dëser Plaz diskutéiert an och gestëmmt hunn, an och all déi Projeten, déi mer wuel an deenen nächste Méint nach wäerten diskutéieren a stëmmen, steet och dësen haitegen Debat, wann net ganz, dann awer zu engem groussen Deel am Zeeche vun der Pandemie. Eigentlech bräicht ech dat net extra ze betounen. Mee Dir wësst et, mir wëssen et alleguer: De Virus ass omniprésent an eisem Alldag, bei eiser Aarbecht a virun allem awer och an eise Käpp!

Schonn a soi-disant „normalen“ Zäite si modern an och funktionell Infrastrukture wichteg, déi deene momentanen an awer och den zukünftege Besoine vun eisem Land gerecht ginn. An déi ware bis elo nach ëmmer vun enger enormer Wichtigkeet. Gutt ausgebaut Infrastrukture sinn d'Grundlag fir eng Gesellschaft an eng Wirtschaft, déi funktionéieren, an d'Virusaussetzung d'ofir, dass si sech kuerz-, mëttel- an och laangfristeg positiv an och nohalte kënnen entwéckelen. Eng gutt ausgebaut Infrastruktur ass deemno d'Basis vun der Liewensqualität an domat awer och vum sozialen Zesummenhalt vun eisem Land.

A Krisenzäite spille gutt Infrastrukturen natierlech och nach ëmmer, wann net souguer nach méi, dës Roll. Wann ee vläicht der aktueller Kris ee positive Punkt muss ofgewannen, dann ass et nieft der enorm grousser Solidaritéit, déi ee säit Mäerz vun dësem Joer bei enger ganz grousser Majoritéit vu Biergerinnen a Bierger ka feststellen, virun allem de Fait, dass ee sech der Wichtigkeet vun engem Sozialsystem, dee gutt fonctionéiert, an awer och vun den Infrastrukturen, déi mir hei am Land hunn, bewosst gëtt. Allze oft huele mir hei zu Lëtzebuerg, am Verglach net nëmmen zum noen Ausland, mee virun allem och zum Rescht vun der Welt, eisen extreem héije Liewensstandard fir selbstverständlech. Fir ze selbstverständlech, géif ech souguer soen.

(**Mme Djuna Bernard prend la présidence.**)

Nëmmen ganz seele stelle mir eis Froen driwwer, wat fir all dës Investitiounen, net nëmmen finanzieller Natur, mee wat fir all dës Investitiounen iwwerhaapt fir en Opwand néideg ass, fir zum Beispill proppert Drénkwaasser doheem aus dem Krunn ze kréien, soubal mir dësen opdréien. Och reege mer eis heiansdo léiwer iwwer Schantercher op eise Stroossen op, ouni awer vläicht ze froen, ob dës net en Deel vun engem Projet sinn, fir de Verkéier an Zukunft méi flësseg ze maachen. Dass eisen Zuch reegelméisseg ze spéit kënnt, ass nergeng, okay. Mee vläicht gëtt et jo hannendrun och eng Erklärung. Vläch gëtt um Réseau geschafft, fir dës Problem mëttelfristeg ze behiwen. An, an, an ...

Ganz kloer dierft awer an deene leschte Méint wuel och deem Leschte bewosst gi sinn, wéi wichteg, niewent der sougenannter Man- a Womanpower, déi een net genuch luewen an ervirhiewe kann, awer och gutt Infrastrukturen am Santésberäich sinn. Dat direkt am Spidolsberäich, wou d'Zuel vun de Better an d'Zuel vun de Beootungsmaschinen, fir nëmmen déi ze nennen, eng eminent wichteg Roll bei der Gestiou vun eiser Kris hei spillen. Awer och indirekt hunn d'Infrastrukturen, wéi zum Beispill gutt a schnell digital Netzer, sief et fir de schnellen Austausch oder fir d'Verschaffe vu medezinneschen Donnéeën, hiren Deel zu enger effikasser Gestiou vun der Kris bäigedroen. Net ze vergiessen Infrastrukture wéi de Flughafen zum Beispill, deen eis als Land erlaabt huet, séier Masken an och soss anert medezinnescht Material erbäizeschafen, wéi et ganz dréngend gebraucht gouf. Esou Beispiller fir d'Wichtigkeet vun effikassen Infrastrukturen ze ënnermaueren, och a virun allem an der Kris, gëtt et eng Hellewull.

An deem Sënn stellt, mengen ech, keen heibannen d'Wichtigkeet vun Investitiounen, a vun héijen Investitiounen, an d'Infrastrukturen a Fro, zumindest net an normalen Zäiten. A Krisenzäite ginn d'Meenunge vläch, wann net radikal, dann awer zumindest spierbar ausereneen an et gëtt vläch méi intensiv iwwert de Sënn, iwwert den Zweck an och d'Drénglechkeet vun deem engen oder anere Projet diskutéiert, wéi dat nach vläch virun der Kris geschitt wier. De Sträitpunkt heescht dann natierlech ëmmer „Budget“.

Ech wëll elo hei net an dem Detail op dëst Thema agoen. Dozou wäerte mer an Zukunft méi wéi eng Kéier d'Geleechenheet kréien, spéistens a ronn engem Mount. Mee bon, just esou vill dozou: Et ass e Fakt, dass eis Regierung opgrond vun der aktueller Situatioun an den domat verbonnenen Hëllefren onerwaart a virun allem onerwaart héich Depensen hat. Éischtens hat si awer keen anere Choix, wéi dës Zommen anzesetzen, an dat aus sanitärer, aus wirtschaftlecher a virun allem awer och aus sozialer a mënschlecher Siicht. Zweetens, an dat ass den zentralen Aspekt vun der Saach, war et esou, dass mir an der glécklecher Situatioun waren, dass mir, ier dee faméise Virus d'ganz Welt ugefaangen huet an Otem ze halen, ganz gesond Staatsfinanzen haten an et fir eis deemno einfach war, fir déi ganz Panoplie vu Covidhëlfele ze stemmen.

Sécher, eis Staatsfinanze gesinn elo net méi esou schéin aus, fir dat elo salopp auszedrücken, wéi mir dat an der rezenter Vergaangenheet gewinnt waren. Mee mir sinn awer nach ëmmer ganz gutt do - dat soe mir als LSAP hei kloer an d'äitlech -, fir net mussen iwwer e massiivt Zréckschrauwe vun den Investitiounen nozedenken.

Ech wëll awer och net mëssverstane ginn. E Festhalten un enger Politik vun héijen Investitiounen heescht net, dass een net kann iwwert d'Zweckméissegkeet oder d'zäitlech Realisatioun vun deem engen oder anere Projet diskutéieren. Et heescht just, dass et an eisen Aen elo net de Moment ass, fir op de falsche Plazen ze spueren. Et ass bal iwwerflësseg ze betounen, dass d'Coronakris vun Ufank un, mee besonnesch an der aktueller sougenannter zweeter Well, bei de Biergerinnen a Bierger, mee virun allem awer och an der Wirtschaft zu enger grousser Onsicherheit féiert.

Effentlech Investitiounen wierken awer dës Unsicherheit entgéint. An enger rezenter Etüd kënnt den internationale Währungsfong zu der Konklusioun, dass staatlech Investitiouns Ausgabe grad an Zäite vu grousser Onsicherheit bei privaten Investisseu-

ren den ekonomesche Wuesstem an d'Beschäftigung d'äitlech erhéien. Esou géifen zum Beispill effentlech Investitiounen an Héicht vun 1 % vum PIB innerhalb vun zwee Joer zu enger Erhéijung vun der Wirtschaftsleeschung vun 2,7 % féieren. Derbäi kéim, dass staatlech Investitiounen privater reegerecht géife boosten. Den ugeschwaten Invest vun 1 % vum PIB géif, esou wéi den Internationale Währungsfong et seet, méi wéi 10 % méi Privatinvestitiounen genau wéi 1,2 % méi Emploi generéieren.

Dës positiven Impuls géif sech dann och net - wéi ee beim Finanzement vu groussen Infrastrukture kéint mengen - just am Bausecteur, mee och an anere Branchen aus dem Industrie- an Déngschtleeschungssektor bemierkbar maachen. D'Equation, wéi se och an der IWF-Etüd beschriwwen gëtt, ass eigentlech denkbar einfach: Wann de Staat investéiert, investéieren d'Entreprises. Doduerch wüsst d'Beschäftigung an d'Steierrecetté klammen. A wann d'Wirtschaft wüsst, gëtt och den effentleche Scholdestand par rapport zum PIB méi kleng.

Am LSAP-Resümmee heescht dat: D'effentlech Hand d'ärf och kuerz- a mëttelfristeg keng Spuerpolitik bedreiwen. De Staat muss d'Wirtschaft an domadder d'Gesellschaft stabiliséieren, andeems an d'Infrastrukturen investéiert. Zu dësen Infrastrukture gehéieren natierlech déi an deene vum IWF ugerodene Beräicher Santé an Digitaliséierung, mee an eisen Aen eeben och an anere Kärberäicher, wéi zum Beispill Logement, Ëmwelt, Educatioun an och den Transport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat sinn ech beim Stéchwuert Transport an och konkret bei eise Débat d'orientation vun haut de Mëtteg. Well net manner wéi néng vun deenen insgesamt 20 Projeten, fir déi haut d'Regierung en Accord de principe vun der Chamber wëllt kréien, betreffe grad d'Mobilitéit.

Op den éischten, ganz séiere Bléck op déi verschidde Projekte kéint een dann och mengen, dass Lëtzebuerg sengem Image als Autofuerratioun och an Zukunft erëm méi wéi gerecht gëtt. Schliesslech fällt den absolute Gros vun dës Projeten an de Finanzéierungsplang vum Fonds des routes. Ech brauch se net extra opzezielen, meng Virgänger hunn dat gemaach.

Et sinn dëst awer nëmmen op den éischte Bléck ganz reng Stroossebauprojeten. Well kuckt een elo all dës Projeten, déi opgezielt goufen, sinn all dës Projekte wéi gesot néideg, fir e besser Zesummespill vun alle Verkéiersmëttelen - Mobilité douce, effentlechen Transport an Individualtransport, also d'individuell Mobilitéit, dat alles - an Zukunft ze garantéieren an esou déi multimodal Approche vum Transport hei am Land ze optimiséieren.

Dës Punkt ass eis ganz besonnesch wichteg, weist en dach, dass dës Regierung staark op den effentlechen Transport setzt a gläichzäiteg awer keng dogmatesch Antiautopolitik bedreift.

Als LSAP wëlle mir, wéi et an deene vergaange Jore scho war a wéi mir et net midd gi sinn ze widderhuelen, alles drusetzen, dass am Sënn vun enger gesonder Ëmwelt an enger besserer Liewensqualität esou vill Leit wéi nëmmen méiglech fir hir alldeeglech Trajeten den effentlechen Transport notzen oder awer de Vëlo huelen oder zu Fouss ginn. Ech wëll awer natierlech drun erënnere, dass den effentlechen Transport nëmmen säi Succès kritt, wann en och „user-friendly“ ass. Dat heescht, wann um Niveau vun de Frequenzen, wann um Niveau vun den Horairen, wann um Niveau vun den Ulaf- an Haltestellen alles drugesat gëtt, dass d'Leit zu hirem kommen a virun allem, dass d'Randgemengen an och d'Dierfer uechtert d'Land net vernoléisst ginn.

Mir sinn awer och realistesch genuch, an dat hu mer och schonn e puermol gesot, fir ze wëssen, dass an Zukunft den Individualverkéier, also den Auto, och nach e groussen Deel vun eiser Mobilitéit wäert ausmaachen. Eng besser Mobilitéit insgesamt kréie mir eeben nëmmen, wa mer en intelligent Zesummespill tëscht deene verschiddenen Transportméiglechkeete schafen. Ganz an deem Sënn kréien déi entsprechend Projekte vum Stroossebaufonds, awer och déi zwee opgefouert Projeten, déi de Fonds du rail betreffen - dat wieren den neien Atelier an och de Magaséng fir den CLIF, also de Centre logistique de l'infrastructure ferroviaire zu Beetebuerg, genau wéi och d'Schafe vu Park- respektiv Aarbechtsgleiser zu Ettelbréck -, selbstverständlech och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Et ass mir awer och wichteg, op déi insgesamt siwe Projeten hincweisen, déi d'Regierung der Chamber och an hirem Infrastrukturpackage virgeluecht huet an déi de Bau, den Ëmbau oder de Reamenagement vu verschiddenen administrative Gebaier virgesinn. Nieft deene modernen a praktesche Schoul-, Digital- an Transportinfrastrukturen ass et och essenziell, onofhängeg elo vum Service, zukunftsorientéiert a gutt ekipéiert administrativ Infrastrukturen ze hunn. Dës garantéieren, zesumme mat enger anstänneger Bezuelung natierlech, zefriden a mo-



tivéiert Mataarbechter, déi hirsäits dann och e gudden Dénsgscht um Bierger garantéiere kënnen.

Schliisslech - ech hu virdru schonn op déi zentral Wichtegkeet higewisen, déi mir als LSAP der Educatioun bäimoossen - begréisste mer och déi zwee fir de Fonds d'investissements publics scolaires opgefouert Projeten, déi do wieren: déi nei international Grondschoul vun Déifferdeng an Esch zu Monneresch an déi provisoersch Strukture fir den Nordstad-Lycée zu Ierpeldeng.

Fir ofzeschléissen an ouni de Projet vum neien ONA, dem Office national de l'accueil, onerwäänt ze loosse, wëll ech nach eng Kéier zesumme-faassend erklären, dass all déi haut diskutéiert Projeten iwwert d'Motioun natierlech d'Ënnerstëtzung vun der sozialistescher Fraktioun kréien.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Hemmen. An als nächste Riedner ass den Här Jeff Engelen ageschriwwen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*). - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleginnen a Kollegen, erlaabt mer fir unzefänken eng méi allgemeng Bemierkung zu dësem Projet. Mir féieren dës Debatt an enger schwéierer Zäit fir eist Land. De Moment weess nach keen, wou a wéi dat endegt mat der Coronapandemie. Dëst souwuel fir d'Pandemie selwer wéi och d'finanziell Rumm: Et ass nach onbekannt, wat dat Ganzt dann am Endeffekt kascht a wéi mer dat finanzéieren.

Mee wichteg ass et, fir eisem Land no dëser Pandemie eng wirtschaftlech Zukunft opzezeechnen. Et ka sinn, jee nodeem, wéi déi finanziell Lag vum Land sech duerch dës Pandemie entwéckelt, datt vun deene Projeten, iwwert déi mer haut befannen, deen een oder anere Projet no hanne muss gestallt ginn. Mir hate jo ewell am Fréijoer eng Debatt iwwert d'Infrastrukturen hei am Land, och dës däreffe mer net vergiessen.

Et ass duerfir onbedéngt wichteg, datt mer den ekonomeschen Impakt vun där aktueller Kris zu all Moment am A behalen an do, wou et néideg ass, hëllef kompenséieren an offederen. Eis Wirtschaft, eis Betriber, all déi, déi Suen an d'Keess eraleeën, bleiwen d'Zuchpäerd vun eiser Liewensqualitéit. Et ass duerfir der Politik hir verdammte Pflicht, si ze schützen an alles derfir ze maachen, datt si ënner allen Ëmstänn kënnen weider fonctionéieren.

An deem Sënn sinn och eis haiteg 20 Projeten ze gesinn. All gréissere Projet vun iwwer 10 Milliounen soll jo am Virus an der Chamber gréng Luucht kréien, mat Ausnam vun deene Projeten iwwer 40 Milliounen, wou muss en extrat Gesetz hei an der Chamber gestëmmt ginn. Och wann am Virus awer nach net gewosst ass, wat déi eenzel Projeten eis genee wäerte kaschten.

Erlaabt mer, vun deene Projeten deen een oder deen aneren e bësse méi ënnert d'Lupp ze huelen.

Éischtens: Am Gebai vun der fréierer Nationalbibliothék soll jo een Deel der Justiz zur Verfügung gestallt ginn, plus eng Aart Brasserie oder Restauratioun, wéi och ëmmer. Erlaabt mer awer, parallel eng Iddi vum Här André Bauler opzegräifen, ob een hei net kéint e Musée abawe vum reliéise Liewen hei zu Lëtzebuerg, deen hei kéint e schéinen Ënnerdaach kréien. Plaz misst jo genuch do sinn. Do derbäi wier dat nieft der Kathedral nach eng super Plaz fir esou eng Iddi.

■ **Une voix.** - Très bien!

(*Brouhaha*)

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*). - Zweete Punkt: Wat d'Fotovoltaikanlagen um Härebiere betrëfft, do solle jo praktesch op all Daach vun deenen eenzelne Pavillonen dësere Anlagen installéiert ginn. Do hu mer eis Bedenken. An zwar, ier een dës installéiert, wär et do net ubruecht, generell all déi Pavillonen ze iwwerdenken an ze plangen? Ech denken do zum Beispill un d'Modernisatioun vun de Wunnkonditiounen fir eis Zaldoten. Ech si perséinlech ëmmer e Frënd, datt ee soll fir d'éischt e Gesamtplan zu engem Projet maachen an dann an Etappen dat realiséieren. Ech mengen, dat ass déi Fro, déi ech mir ëmmer stellen, och am Gemengeberäich, an domadder sinn ech ëmmer gutt gefuer.

Drëtte Punkt: Mir begrëssen, datt eppes geschitt am Nordstad-Lycée, och wann et an enger éischter Phas nëmmen e Provisorium ass. Dëse Bau soll jo da spéider der Gemeng Ierpeldeng un der Sauer iwwerdroe ginn. Et wär awer gutt, wa mer zäitno iwwert deen definitive Bau hei kéinte befannen. Ech wollt emol nofroen, wéi wäit dës Bau oder déi ganz Planung vun dësem Bau an der Virplanung ass.

Véiertens, eng allgemeng Bemierkung zum Ausbau vun der Cité policière. An dësem Kontext géife mer begrëssen, wann ee sech géif zäitno Gedanke maachen, wou een dee Policemusée kéint anerwäerts ënnerdaach bréngen, gekoppelt mat engem

Musée fir d'Rettungsdéngschter, Post an esou weider. Net méi spéit wéi haut de Moien hu mer an der Press kënnen liesen, datt an allerleschter Minutt Rettungsdéngschter d'Pompjiesmaterial konnten an eng Hal transferéieren, soss hätt et misse verschrott ginn. Ech mengen, do gesäit een, wéi schlecht datt mer dru sinn, an do wier et awer gutt, wa mer eppes hätten.

An dann nach zum Schluss e puer Suggestiounen fir d'Zukunft fir do, wou mer Probleemer hunn:

Am Oste ginn et eng Partie Verkéiersproblemer an eise Grenzuertschaften, wou Brécke sinn a wou de Verkéier dann duerno duerch d'Uertschafte kanaliséiert gëtt. Dat ass haaptsächlech zu lechternach, Waasserbëlleg, Gréiwemaacher, Wuermer, Réimech, Schengen a Munneref, wou Contournement misste gebaut ginn, well déi aktuell Situatioun belaascht d'Liewensqualitéit extrem an dësen Uertschaften.

Och am touristesche Beräich sollt ee sech iwwerleeën, fir Offerten ze offréieren, déi der haiteger Zäit ugepasst sinn. Ech denken do zum Beispill un e Planetarium oder en Aquarium, wéi de Sea Life, dee géif eisem Land gutt zu Gesiicht stoen. Dës oder änlech Offerte ginn am Ausland mat grousem Erfolleg bedriwwen. Et sollt ee sech och emol Gedanke maachen, fir an deem Beräich méi aktiv ze ginn.

An als Vertrieeder vum Norde wëllt ech nach eng Motioun deponéieren zu enger Transversale Fridhaff-Feelen, oder anescht ausgedréckt, engem Contournement, engem Nordcontournement fir d'Stad Ettelbréck. Et ass e Plang do fir eng Südvariant, wann ech dat esou dierf soen, déi geet vu Schieren eriwuer laanscht Ettelbréck, oder besser gesot nach bal duerch Ettelbréck, hannen iwwer Feelen. Et ass net, datt keng Variant do ass, mee mir sinn der Meenung, datt eng Nordtransversale déi besser Léisung wier.

Mir wëssen alleguerten, de Problem zu Ettelbréck, dat ass jo bal e „Stau-Ettelbréck“, soss kann ee jo bal net dovun aneschters schwätzen. Mir sinn der Meenung, datt dës Variant, déi mir virschloen, méi einfach ze baue wär. Dat bedeit och manner déif Aschnëtter an d'Natur, manner Probleemer, wat d'Topografie betrëfft, wéi déi aner Variant, déi mer elo vu Schieren duerch Ettelbréck op Feele bauen.

Déi Südvariant, wann ech dat esou dierf soen, huet och e puer Problemer an ech wëll lech déi opzielen: Uewer- an Nidderfeelen, dat ass jo eng Gemeng, a wa mer eis Variant géife bauen, déi mir virschloen, da brauche mer déi zwee Dierfer net ze duerchschneiden. A mir hunn da manner Probleemer am Waasserquelleschutzgebitt. Mir kommen net no un d'Wunnebidder zu Feelen. Mir brauchen op där Transversale just eng Opfaart ze programméieren, an zwar bei Waarke fir bei d'Spidol an den technesche Lycée eriwuer. Ettelbréck a Feele géife mer domadder vum Duerchgangsverkéier komplett befreien, wat eng Verbesserung vun der Liewensqualitéit fir all dës Bierger wär.

Eis Iddi hätt och nach de Virdeel, datt e ganz groussen Deel vum Zoufaartsverkéier aus de Regioun Wolz a Réide fir bei d'Spidol op Ettelbréck an an de Lycée technique géif aus Ettelbréck erausgehalen ginn. Do hätte mer direkt en Accès, ouni datt déi Leit mussen duerch d'Stad Ettelbréck klonken.

Et muss ee soen, an dat muss een och wëssen, datt de Stau moies nach méi grouss wär zu Ettelbréck, an hei muss ee wëssen, datt vill Leit tëscht dem Rouscht a Schieren, oder Colmer, besser gesot, d'N7 verloossen, fir sech e Wee ze sichen duerch Colmer eriwuer op de Karelshaff an dann iergendwou do op d'N15.

Aus all dës sachlechen Iwwerleeungen eraus géife mir an dëser Motioun virschloen, d'Méiglechkeet ze préiwe vun enger Transversale vum Fridhaff eriwuer op Feelen. An dat wier dann déi sougenannt Nordvariant. An ech géif lech dann, Madamm Presidentin, dës Motioun deponéieren.

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- *datt de ganze Verkéier, dee vun der Nordstrooss eroffiert, fir op d'N15 ze kommen, fir Richtung Feelen an Heischent ze fueren, duerch Ettelbréck geschleist gëtt,*

- *datt doduerch d'Verkéisssituatioun zu Ettelbréck, besonnesch zu de Stousszäiten, dramatesch ass,*

- *datt dëst eng ganz onglécklech Situatioun ass fir d'Ambulanzen, déi séier d'Ettelbrécker Spidol erreeche mussen,*

- *datt déi geplangte Strooss vum Contournement vu Schiere laanscht Ettelbréck bis op Feelen déif Aschnëtter an d'Natur mat sech géif bréngen,*

- *datt eng Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen déi besser Variant ass an déi beschriwwen Problemer léise géif,*

ass sech bewosst, datt eng Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen de Virdeel hätt:

- *datt een Uewer- a Nidderfeelen net ze duerchschneide bräicht,*

- *datt sech keng Probleemer mat Waasserquelleschutz géife stellen,*

- *datt de Verkéier wäit fort wier vun de Wunnebidder zu Feelen,*

- *datt ee just eng Opfaart misst bauen, fir vu Waarken aus d'Spidol an den technesche Lycée ze erreechen,*

- *datt Ettelbréck a Feele komplett vum Duerchgangsverkéier befreit wieren, wat eng méi héich Liewensqualitéit fir d'Awunner mat sech bréngt,*

- *datt e groussen Deel vum Zoufaartsverkéier aus der Regioun Wolz a Réiden, dee Richtung Spidol an technesche Lycée ënnerwee ass, aus Ettelbréck selwer erausgehalen géif ginn,*

fuerdert d'Regierung op,

- *d'Méiglechkeet vun enger Transversale tëscht dem Fridhaff a Feelen an aller Objektivitéit ze préiwen.*

(s.) *Jeff Engelen.*

Zum Schluss nach e Merci der Rapportrice, der Madamm Chantal Gary, fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech géif dann d'Zoustëmmung bréngen vun der ADR zu dëse Projeten.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Engelen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Madamm Presidentin. Ech wäert mech a menger Interventioun op zwee Punkte beschränken, op zwou Regiounen och, eng Kéier d'Stad an eng Kéier de Süden. Ech fänken emol mat der Géigend un, déi ech e bësse besser kennen, nämlech mat der Stad, mat engem Sujet, deen och relativ wichteg ass.

Mir wäerten an dëser Motioun, déi mer natierlech och matdroen, eppes matstëmmen: Dat ass de Pôle d'échange, dee mer op der Stäreplaz wäerte bauen. Mir sinn all domadder averstanen, datt d'Stäreplaz endlech, endlech soll viabiliséiert ginn, richtig viabiliséiert ginn. No deem Trauerspill, dat iwwer 30 Joer laang gedauert huet, gouf et wierklech Zäit, datt do eppes geschitt. Ob dat, wat elo do geschitt, an déi richtig Richtung geet, dat sief dann nach dohigestallt. Wann ech dat richtig verstanen hunn - den Här Minister ka mech duerno korrigéieren, wann dat net esou ass, mee ech hat dat, mengen ech, an der Press gelies -, soll jo de Projet de financement nach depeséiert ginn, bis Enn 2022, mengen ech. Dat hunn ech emol gelies am „Paperjam“, mee vläicht ass et ...

Bon! Egal, mee op jidde Fall hu mer warscheinlech awer nach Zäit, fir Saachen, fir gewësse Korrekturen eranzebréngen par rapport zu deem Projet, deen och do presentéiert gouf. Et ass e riesege Projet. Et ass e grousege Projet, deen en Impakt wäert hunn op déi ganz Géigend, net nëmme fir d'Stad.

Fir d'éischt emol, bon, gewësse Saachen, déi kënnen interessant kléngen: 1.500 Quadratmeter fir e Kino, an dat ass net schlecht, datt mer an der Stad erëm e Kino kréien, deen och méi zentral läit, wéi dat deemools do de Fall war - wa mer och do nees dierfen eragoen, wat, mengen ech, bis dohin hoffentlech wäert de Fall sinn, wa mer et net nach ëmmer verbidde, wat ech net hoffen -, dann Nohandel, e sougenannte Foodhall an esou weider an esou fort. Bon, dat sinn esou Projeten, déi presentéiert gi sinn. Virgesinn ass och, datt Logementer dohinnerkommen, a wann ech richtig informéiert sinn, solle vun deene ronn 100.000 Quadratmeter 47 % fir Logementer virgesi sinn. Dat sinn der ongeféier 600, dovunner 60 à coût modéré.

Bon, an der aktueller Situatioun - mir si jo och amgaangen doriwwer ze diskutéieren, wéi iwwerhaapt de Prix abordable soll reforméiert ginn - wësse mer op jidde Fall, datt à l'instant, esou wéi et elo ass, de Coût modéré, wéi mer dat esou oft musse soen, bei Wäitem net moderéiert ass. An der aktueller Situatioun ass et jo op jidde Fall esou, datt et 80 % vum Duerchschnëttspräis vum Marché ass, wat net moderéiert ass, vu datt den normale Präis schonn exagéiert ass.

600 Wunnengen, an d'Promoteure vu BC Partners, déi brette sech och domadder, datt u sech dräimol méi Wunnenge gebaut gi par rapport zum initiale Projet, deen der 200 virgesinn hat. Allerdéngs, de Problem ass: Et geet jo net nëmmen drëms, vill Wunnengen ze bauen! Wann eng Wunneng net abordabel ass a wann eng Wunneng ze deier ass, wann eng Wunneng 1.600, 1.800 Euro kascht an et verdéngt een der ongeféier 3.000, dann ass et egal, ob eng Wunneng gebaut gëtt, ob zéng Wunnenge gebaut ginn oder ob 100.000 Wunnenge gebaut ginn. Et muss ee sech déi Wunnengen an leeschte kënnen! Dorops kënn et un, net op d'Zuel. Net op d'Zuel, oder am beschten déi zwou Saache matenee kombinéiert.

45 % sollen anscheinend awer och fir Bürofläche virgesi sinn. Do muss ee sech awer wierklech se-

riusement d'Fro stellen, ob mer nach weiderhin an déi Richtung solle goen, nach weider Büroflächen ze hunn. Mir hu schonn ze vill Büroflächen an dëser Géigend. Mir hu souguer méi Bürofläche wéi Wunnengen an der Stad. A wann een awer kuckt, also et soll een net pessimistesche sinn, mee mir wäerten et och hei spieren, déi ekonomesch Kris, déi op eis duerkënn. An da sti mer do mat Bürosraum, déi eidel sinn a wou een dorausser hätt kënnen Wunnenge maachen.

Dat heescht, mir ginn erëm an eng Richtung, mengen ech, déi falsch ass. A mir schéngen nach ëmmer, op jidde Fall d'Autoritéiten hei am Land, verschidden Autoritéiten hei am Land, weiderhin déi selwecht Schinn ze fueren, fir Projeten ze maachen, déi net abordabel si fir den Duerchschnëttsbierger.

Den Här Lamberty hat virdru gesot: „A 50 Joer wäerte mer d'Stad net méi erëmkennen.“ Dat ka gutt sinn. Ob et am Gudden ass oder am Schlechten ass, weess ech net. D'Stad ass wonnerschön, dat soen ech, dat ass mäi kleng Chauvinismus. Mee de Problem ass, wann ech elo kucken, a wat fir eng Richtung gewësse Saache ginn, an ech schwätzen do vun net wäit ewech, de Royal-Hamilius zum Beispill: Näischt dergéint, datt een eppes verännert, mee ech hu schonn eppes dergéint, datt een eng Place publique privatiséiert an un e Fong verpacht. Dat ass schonn deen éischte Problem. An zweetens wier et awer vläicht och un der Zäit, Saachen ze bauen, déi iergendwéi human ausgesinn. Mee bon, vläicht wäert Dir soen: « Les goûts et les couleurs, ça se discute. » Mee ech hu reell Schwierigkeeten domat, an ech mengen, dat prägt awer och d'Zesummeliwen an enger Stad, wann een ëmmer esou déi selwecht Architektur baut, déi wéi geleckt ass, déi séilelos ass a mengen Aen, déi net ganz human ass, wéi dat beim Royal-Hamilius ass.

Bon, an dat schéngt jo och, wann ech déi Biller gesi vun deem, wat projetéiert ass fir d'Stäreplaz, e bëssen erëm an déi Richtung ze goen. Dat Ganzt gehéiert natierlech och der Abu Dhabi Investment Authority. Soll ech dozou nach e Kommentar maachen? Nach eng „Schneidere“ souzesoen. An ech mengen, mir musse wierklech nach vun der Zäit profitéieren! Souwisou, dat Ganzt hätt sollen, mengen ech, iwwerholl gi vum Staat oder vun der Gemeng. Op jidde Fall misst esou en Areal an effentlecher Hand sinn, fir do wierklech kënnen eppes Interessantes ze maachen: Wunnengen ze bauen, déi och abordabel sinn, natierlech mat Commercen, natierlech och mat Kino, dat sinn alles flott Geschichten, a vläicht mat anere Saachen. Mee ech mengen, mir hunn nach Zäit, fir do d'Kéier ze kréien.

Duerno en zweete Punkt, de séieren Tram. Ech wëll do net ze vill an d'Detailer goen, well mir als déi Lénk zurzäit, eis Südgemengen, d'Sektione sinn do amgaangen, sech méi akribesch an am Detail domadder auserenezesetzen a wäerten do deemnächst eppes presentéieren. A wann ech dann, och nach als Stater, hei virgräifen, da ginn ech vernannt.

(*Brouhaha*)

Warscheinlech zu Recht. Voilà, gesitt Der, et fänkt schonn un.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Mee op jidde Fall, do sinn awer schonn e puer Saachen, déi ee misst kucken. Mir mengen, datt dee Projet, deen och eng Verbindung mat der Grenzregioun, dat heescht, och mat Loutrengen déi aner Säit vun der Grenz, virgesäit, sech op jidde Fall net nëmme soll dorobber beschränken, datt een eng Main-d'œuvre vu franséischer Säit bis hei op Lëtzebuerg eriwuerkritt, an datt nach weider muss am loutrengeschen Territoire d'Zesummenaarbecht weidergoen.

Mee wat op jidde Fall wichteg ass, dat ass d'Gestioun vun deem séieren Tram, doriwwer muss een awer och diskutéieren. An der Stad gouf mam Tram de Feeler gemaach, et un eng privat Gesellschaft ze ginn, obwuel een dat hätt kënnen bei den AVL zum Beispill integréieren. Mee nee, do ass ëmmer e bëssen déi neoliberal Ideologie, déi matspillt, eng privat Gesellschaft kéint dat besser maachen! Mir hunn duerno gesinn, datt dat net de Fall war. A mir mengen dann och, datt déi séier Bunn muss an den TICE integréiert ginn an an der effentlecher Hand muss bleiwen an datt op kee Fall dee selwechte Feeler gemaach soll gi wéi beim Tram an der Stad! E Feeler beim Tram an der Stad, deen een natierlech och nach ëmmer réckgängig ka maachen! Also, wa Staat a Gemeng sech eens ginn - si si jo d'Aktionären, ech mengen, souguer beim Staat eleng géif et duergoen -, da kéint ee vun deem Feeler erëm zrëckkommen.

Voilà! Ech wäert dann dobäi bleiwen. Mir wäerten awer trotzdem déi Motioun, déi mer ënnerschriwwen hunn, matstëmmen. Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Wagner. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.



■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Här President, d'Landesplanung ass wichteg, fir dass sech d'Land kann an Zäite vu staarkem Wuesstum kohärent weiterentwickelen. Mir brauchen hei eng intelligent Landesplanung, déi déi demografesch Krittäre respektéiert, mee déi och nach e Schrëtt méi wäit geet. Mir Piraten schwätzen eis kloer fir e staarken Invest an den nächste Joren aus, mee och Ëmweltkrittäre mussen bei de groussen Infrastrukturprojeten eng wichteg Roll spillen.

Dofir begrëisse mir Piraten eng Rei vu Projeten, déi hei virgestallt goufen. Do ass zum engen déi nei Cité policière um Findel, wou de Staat Gebaier ofkaaft huet, am plaz neier ze bauen. Fir eng gutt Zesummenaarbecht vun eise Policeunitéiten ass et wichteg, fir déi verschidde Servicer op engem Site zesummenzebréngen.

Een DNA-Labo, deem eis et erméiglecht, eis eegen Analysen ze maachen, ass och eng positiv Entwécklung.

Wou mer kënnen, mussen mer op Renovatiounen bauen, op Ëmbau setzen, fir esou ale Gebaier neit Liewen ze ginn, wéi zum Beispill am Fall vun der neier internationaler Primärschoul, déi an dat aalt Ediff-Gebai op Monnerech soll kommen.

Et dierf een awer bei all de virgestallte Projeten net vergiessen, dass Bëton weltwäit e groussen Ëmweltsünder ass. Bëton mécht ongeféier 8 % vun de weltwäiten Treibhausgasemissiounen aus. WWF schreift ganz kloer: „Die Zementherstellung ist einer der emissionsintensivsten Industrieprozesse. Deshalb ist der Klimaschaden, der durch die Verwendung von Zement entsteht, beträchtlich.“ Dofir ass et och an eisen Ae bei all de Projeten ze hanerfroen, wéi eng Ressourc fir de Bau verbraucht ginn.

Et si Projeten, déi ech heibäi erwäne kann, well et sinn och ëmweltfrëndlech ugehaucht Projeten derbäi, wéi de Bau vun enger Fotovoltaikanlag um Härebierg. Mee d'Arméi keeft monter Militärfliegen. Allgemeng gehéiert d'Militär weltwäit zu de gréissten Ëmweltsünder an dann als Marketing ginn e puer Solarzelle gebaut. Dat do ass, wéi een neierdénge esou schéi seet, Greenwashing. Well wéilt dës Regierung wierklech eng seriö Ëmweltpolitik bedriewen, géif een d'Akafslëscht bei der Arméi anescht gestalten!

Zréck zur Solarenergie: Ëffentlech Gebaier, déi an der Hand vum Staat a vun de Gemenge sinn an déi iwwer e südlech ausgericht Daach verfügen, müssen alleguer mat Solarpannoen ausgestatt ginn. De Staat an d'Gemengen hunn hei eng Virbildfunktoun ze erfëllen. Et freet ee sech also, wisou net scho bei all de Gemengen esou Projeten ëmgesat gi sinn. Keng Gemeng brauch op den Accord vum Staat ze waarden, fir méi ëmweltfrëndlech ze ginn.

Här President, zu enger gudder Landesplanung gehéiert och, dass mer endlech e méi dezentraliséierte System opbauen. Jo, ronderëm Dikrech an Ettelbréck muss geschafft ginn! D'Nordstad bräicht direkt zwee Contournementen, fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien. Esou sollt ee Contournement nördlech vun Dikrech verlafen an esou de Stadkär wéi och Angelduerf entlaaschten. Donieft ass et wichteg, endlech d'Verbindung Ettelbréck-Feelen ëmzeorganisieren.

Den Norden, Osten a Süde vum Land mussen méi an d'Landesplanung abezu ginn, wa mer wëllen de Verkéiersproblem ronderëm d'Stad an de Grëff kréien. Och hei muss de Staat eng Virbildfunktoun anhuelen a sech derfir asetzen, dass méi Aarbechtsplazen an allen Deeler vum Land opgebaut ginn.

Ee Projet, dee mir als Piraten staark kritisieren, ass de Bau vun engem Tram tëscht der Stad an dem Süden, ee Projet, wou d'Regierung scho mat der Reklamm ugefaangen huet, fir de Leit dee schmackhaft ze maachen, awer nach kee Präis bekannt ass. Wënsche kann ee sech vill, bezuelen net. Op ville Plazen tëscht der Stad an Esch sinn elo scho Chantiere geplangt, fir den neien Tram un d'Stroossennetz unzabannen, dat deelweis op Terrainen, déi de Staat nach net huet.

Mir Piraten hu vun Ufank un en Expresszuch tëscht der Stad an Esch proposéiert, dat zesumme mat engem Ausbau vum Schinnennetz op dräi Spueren tëscht der Stad, Beetebuerg an Esch. An ënner 20 Minutte kéint een da vun der Stad op Esch fueren, ee Projet, deem déi virhande Struktur géif ausbauen, am plaz erëm eppes komplett Neies opzebauen, ee Projet, deem eis Finanzen géif schouwen an dobäi nach géif Aarbechtsplaze bei den CFL sécheren, souguer ausbauen. An den Expresszuch vun Esch an d'Stad ka méi schnell a méi gönschteg ëmgesat ginn.

Här President, net nëmmen am Logement, och bei dëse Projekte gëtt et de Problem vu privaten Investoren a Spekulationen. Investisseuren aus dem Katar oder de Vereenegten Arabeschen Emirater, déi sech engagieren, fir bei eis Projeten ze realisieren, déi interesséiert just de Profit. Dofir muss de Staat oppassen, wann en esou Projekte wéi zum Beispill de Reamenagement vun der Stäreplaz an

Ugrëff hält. Ee passenden a pickege Kommentar vum honorabele Ben Fayot fannt Der Ufank Oktober an enger Carte blanche op RTL zu deem Thema.

De Staat dierf hei net eng verstoppten Opwärtung iwwert d'Steiergelder fir grouss Investitiounsprojeten aus Abu Dhabi bezuelen. Bei esou Projeten, wou d'Besëtzer kloer vun enger Opwärtung vun hirem Terrain profitieren, müssen d'Investoren och en Deel vun der Rechnung bezuelen an net nëmme Geld hernoerauszeien. Bei esou Projeten dierften eiser Meenung no och keng Wunnenge reng aus Geldspekulation gebaut ginn, déi sech déi meescht hei am Land souwisou net wäerte leeschte kënnen. Dofir léisst d'Moosnam „Lex Koller“ am Logement nach ëmmer op sech waarden, wou ee se dach awer esou schnell bräicht!

Zum Stroossebau op der A13: Fir vu Schenge komend ass e Projet fir eng Verbesserung mat dran, mee an déi aner Richtung, do ass all Dag Stau an Accidentgefor, well sech d'Strooss, vu Péiteng op Éilereng kommend, op eng Spuer verklengert. Fir déi Plaz op der A13 misst och schnell eng Léisung fonnt ginn.

Da weider zum Problem A13: Zu Péiteng staut sech all Owend de Verkéier, dat, well zwar dräi Rondpointen fir Tunnelle virgesi waren, awer nëmmen zwee Tunnelle gebaut gi sinn. Soumat, um drëtten Rondpoint staut et sech, well zwar Plaz ass fir en Tunnel, deem awer ni realiséiert ginn ass.

Här President, eng ganz Rei vun de Projeten, déi hei proposéiert sinn an déi ech net all ernimme konnt a menger kuerzer Riedezäit, si wichteg a stellen eng positiv Entwécklung fir eist Land duer. Anerer kommen ze spéit an nach anerer sollten am beschten ni realiséiert ginn.

Mir ginn net waarm mam Projet vun engem weideren Tram, deem an eisen Aen ze vill negativ Konsequenze fir d'Ëmwelt op der Streck wäert hunn a wou nach kee Präis bekannt ass. Dee wäert awer wuel d'Méiglechkeeten am Budget iwwersteigen.

D'Piraten stinn Innovationen am Transport net am Wee, mee et müssen nach vill Aspekter, d'Ëmwelt betreffend a finanzieller, verbessert ginn. Merci.

■ **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci villmools, Här President. Ech wéilt fir d'ëischt der Rapportrice, dem Chantal Gary, villmools Merci soe fir säi gudde schrëfflechen a mëndleche Rapport zu dësem Débat d'orientation. Et ass jo en Diskussionsdebat, dat heescht, et geet jo drëms, fir dann och Orientationen, Remarken, Suggestiounen mat op de Wee ze ginn.

Effektiv, d'Hallschent vun deene Projekte sinn dës Kéier, et ass vläicht éischter zoufällg, an der Stad respektiv an hirer Agglomeration. Mee d'lescht Joer, do waren aner Lëschten, aner Projeten, wou nach aner Regiounen mat drop sinn, an hei si jo och nach aner Regiounen mat concernéiert.

Ech wéilt mech natierlech gäre konzentréieren op dat, wat d'Stad an déi grouss Agglomeration ass, mee awer net nëmmen. Well selbsterständlech droe mir allegueren déi Projeten hei och mat a mir wäerten natierlech och déi Motioun matdroen, well et ass wichteg, dat déi Projeten virugedriwwen ginn. Mir sinn do am Prinzip mat deene Projeten och averstanen, mee mir hunn awer nach verschidde Remarken ze maachen.

Et fänkt u matzen hei am Häerz vun der Stad. Do hu mer jo den ale Kolléisch respektiv déi fréier Nationalbibliothék. Déi ass jo elo zënter engem Joer an hiert neit Gebai op de Kierchbierg geplënnert. Dat ass also e ganz wichteg a ganz historescht Gebai fir d'Stad Lëtzebuerg. Et war bal 400 Joer laang eng Schoul, duerno war et bal 50 Joer laang eeben eng Bibliothék. Bon, elo steet et eidel. Do waren awer schon Iddie vun der Regierung, vun der viregter Regierung: Et sollt jo d'Nationalgalerie drakommen. Esou wéi mer elo verstanen hunn, wäert déi op Diddeleng da kommen, wat mer awer begrëissen. Ech mengen, et ass wichteg, fir de Süde vum Land och weiderzeentwëckelen an als Kulturstanduert auszebauen, soudatt eeben och eng Nationalgalerie an de Süde kënnt. Et muss net alles an der Stad konzentréiert sinn.

Da stellt sech natierlech d'Fro: Wat kënnt do am plaz? Ech mengen, den Här Minister huet et jo anoncéiert op Basis vun där heiter Lëscht, datt elo an deem ale Kolléisch, op d'mannst emol op deenen ieweschte Stäck, Plaz soll komme fir d'Gericht, fir d'Handelsgericht oder fir déi dräi Handelskummere vun Bezierrsgeriicht. Wat natierlech och nozevollzéien ass, datt déi Büro brauchen. Ech mengen, den Helleg-Geescht-Platto, do ass et schon ze enk. Dat versteet een, datt do Besoinen do sinn. Et hätten och kënne vläicht nach aner Iddien do sinn, mee mir verstinn dat awer.

Et ass eebe virun allem op dem Rez-de-chaussée, wou ee sech awer vläicht wënscht - an dat ass eng

Suggestioun, déi mer mat op de Wee géife ginn -, Dir géift lech do oppe weise fir ze kucken, ob onbedéngt déi Iddi, déi elo do besteet, fir e Restaurant-Brasserie dranzemaachen, déi allerbeschten Iddi ass.

Ech mengen, et ginn awer nach aner Besoinen an der Haaptstad wéi Restauratioun a Brasserie. Där hu mer der scho ganz vill. An ob et och elo dee gud-den Zäitpunkt dofir ass, wou et e schwéieren Zäitpunkt ass fir den Horeca? A leider Gottes - dat war awer net nëmme während dëser Zäit, dat war och scho virdrun de Fall - ass et net esou evident, well zum Beispill ganz vill Leit hir Mëttesstonn net méi müssen esou laang maachen, mee just nach eng hallef Stonn, an doduerjer vill Leit net méi an der Stad iessen, déi eebe soss eng méi laang Mëttespaus gemaach hunn. Doduerch war den Drock op d'Restaurante scho virdru grouss. Deen ass natierlech duerch d'Coronakris verstärkt ginn. Mir wëssen nach net, wéi laang déi wäert daueren a wat herno nach d'Nowéien dovunner wäerte sinn.

Dat heescht, et ass e Secteur, deem ugeschloen ass. Solle mer elo higoen an do als ëffentlech Hand vläicht reng och nach just Restauratioun, Brasserie drasetzen, wou dann eng x-te Konkurrenzsituatioun domadder entsteet? Mir sinn der Meenung, datt dat net onbedéngt déi allerbeschten Iddi ass.

Mee et kéint een aner Iddie maachen. Bon, d'Stad Lëtzebuerg, mir si jo no bei eise Matbierger a mir hu vill Besoinen, déi un eis erugedroe ginn. Mir hatten zum Beispill d'lescht Joer eng Porte ouverte gemaach iwwert d'Schluechthaus. Dat ass jo och e Site matzen an der Stad, dee mer gäre wëlle revalorisieren. An do konnten och interesséiert Matbierger hir Meenung soen, wat do sollt drakommen. An do ass dacks erënkomm, an der Stad géif eng Plaz feele fir d'Kanner, net eng Spillplaz, mee éischter eng kulturell Plaz, wou se och kënne pedagogesch erugefouert ginn u Kultur oder wou se kënnen och pedagogesch Aktivitéiten matmaachen, déi an engem zouene Raum wäer respektiv natierlech och dobaussen. Op jidde Fall kéint een deen Usaz opgräifen, ob een net do kann esou ee Kannerkulturraum oder esou eng Plaz um Rez-de-chaussée do schafen.

Eis Offer ass op jidde Fall: Sëtz lech vläicht nach eng Kéier mat deene concernéierten Acteuren, déi esou Saache kënnen denken, och mat de Verantwortlechen, dat heescht mat der Stad Lëtzebuerg, zesummen, fir vläicht un esou eppes ze schaffen. Dat wär op jidde Fall eng Suggestioun, déi mer lech géifen op eng ganz konstruktiv a positiv Aart a Weis mat op de Wee ginn fir deen dote Projet.

Da komme mer weider op d'Rocade op der Gare, wou wéi gesot dee Projet vun der Rocade elo ugeduecht ass, wat jo u sech keen neie Projet ass. Dir waart selwer deemools als éischte Schaffen an deem Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg, deem dee Projet jo lancéiert hat, dee Concours „Lëtzebuerg - Gare centrale“, wou eng Kéier e grouse Concours gemaach gi war, fir eebe grad dat, wat jo elo hei erëm opgegraff gëtt, ze kucken: déi zwee Quartiere Bouneweg a Gare nees méi no beieneenzebréngen. Déi gi jo getrennt duerch eeben d'Gare an hir Schinnen.

Do war deemools e Gewënner vum Concours erausgesicht ginn, dee virgeschloen hat, dat Ganzt ze iwwerdecken. Bon, Dir kennt dee Projet jo, mengen ech, nach ganz gutt. Deen ass awer ni realiséiert ginn. Dat kann ee bedauern. Dat hat seng Ursachen. Bon, hei gëtt et elo eng Geleeënheet, vläicht dee Projet nees an enger bestëmmter Versioun, vläicht a méi enger liichter Versioun dann awer kënnen eng Kéier ëmzesetzen, op d'mannst emol déi Iddi, déi zwee Quartiere mateneen ze verbannen, méi Qualitéit do eranzebréngen, an datt déi Trennung eebe kann opgehuewe ginn.

Bon, d'Rocade misst jo dee Moment effektiv dann iergendwéi iwwerbréckt ginn. Et stellt sech just d'Fro: Dir schwätzt elo hei emol an deem Rapport vun engem Tunnel. Ass dat dann e klasscheschen Tunnel? Dat heescht, wou mer wierklech eroffueren an de Buedem an och erëm eng Kéier eropfueren, erëm erauskommen? Wou awer Rampen da virgesi sinn, wat awer net onproblematesch ass ze kucken, well da jo och erëm zousätzlech Barrière kommen!

Oder schwätze mer éischter vun enger Tranchée couverte, esou wéi et an deem Projet deemools virgesi war, wou een einfach géif en Deckel dropmaachen, wat u sech dann net bedéngt, datt ee muss erop- an eroffueren, wat méi einfach ëmzesetze wier?

Oder schwätze mer vun engem Réckbau an ee Boulevard urbain, deem een och kéint envisagéieren? Kéint Der och do vläicht soen, wat Der do undenkt?

An dann ass dat jo awer zousätzlech dozou net nëmmen e Verkéiersprojet, Mobilitéitsprojet, mee dat ass jo als méi eppes Grousses ze gesinn. E richtegen urbanistesche Projet, wat jo och den Usaz war 2005, wat och richteg ass. An do muss een och dorobber pochen, datt dat méi ass wéi datt mer nëmmen hei eebe Verkéiersinfrastrukturen à

jour setzen oder verbessern. An deem heite Fall geet et drëms, wierklech Urbanismus ze maachen.

Do ass natierlech och déi Zesummenaarbecht wichtig mat der Stad Lëtzebuerg. An et ass do awer och wichtig, datt een natierlech déi zwou Säite vun der Gare kuckt! Well et ass jo dann net nëmmen deen neie Parvis, deem een eventuell kéint schafen zur Säit vu Bouneweg, mee mir hunn elo och nach deen aktuelle Parvis, deem awer kee richtegen ass am Moment, nämlech d'Place de la Gare, wou et jo och schon Iddie gëtt vun den CFL oder respektiv vun Ärer Säit aus, wéi déi kéint ausgesinn. Do soll wuel nach drop geschafft ginn. Do wäert jo d'Stad Lëtzebuerg och mat u Bord setzen.

Mee och do ass et wichteg, dat Ganzt ze kucken a vläicht net onbedéngt déi Iddi, déi lech virschwieft, nämlech en ënnerierdesche Vëlosparking grad op där doter Plaz ze maachen. Wéi gesot, net datt mer a Fro stellen, datt muss eppes gemaach gi fir de Vëlo, datt iergendwou e Vëlosparking muss hikommen, mee vläicht net grad op der Place de la Gare, well domadder hypothekéiert een awer déi Plaz. Well mir hunn elo déi eenzegarteg Méiglechkeet u sech, datt een déi Plaz emol eng Kéier kéint an eng richteg Plaz ëmwandelen, eng Plaz, déi och fräigeraumt ass, eng Plaz, wou ee ka méi maachen, déi ee kann animéieren, wou een och ka verweilen, wou och kann e Sejour, net nëmmen de Passage do sinn, wann een op de Bus muss klammen oder respektiv an Zukunft de Vëlo muss huelen. Eng richteg stättesch, urban Plaz, wou ee kann Terrassen hunn, wou kënnen Animatiounen sinn, wou emol eng Kéier kann e Saart sinn, e Chrëschtmaart och sinn.

Ech mengen, et wär besser, op där Plaz an déi Richtung do ze goen. An dann huet een nach genuch Wach op der rietser Säit vun der Gare, fir vläicht do e Projet ze maachen, wou am Moment nach dee provisoerschen Autosparking ass, fir vläicht do en Neibau ze maachen, wou ee souwuel Parkplaze mécht fir de Vëlo wéi fir den Auto. Op jidde Fall wéilt ech lech dat och mat op de Wee ginn, lech dat awer nach eng Kéier duerch de Kapp goen ze loos-sen.

A mir géifen awer trotzdem och d'Suggestioun maachen, datt ee muss, wann ee wëllt déi richteg Decisioun huelen, och déi eenzel Besoinen, déi et gëtt vun deenen, déi dat notzen am Alldag, considérer, dat heescht souwuel vun de Leit, déi do wunnen, wéi och vun de Leit, déi all Dag do ukommen oder fortginn oder do schaffen oder do e Restaurant oder e Commerce hunn. An dowéinst menge mir, mir sollten dat esou maachen, wéi Der dat jo och an der Zäit scho matgemaach hutt, wéi Der am Schäfferot waart, oder wéi d'Stad Lëtzebuerg et haut nach mécht an zum Beispill op der Paräisser Plaz jo och gemaach huet: op de Wee goe vun enger Biergerbedeelegung, fir d'Bierger do matanzebanne fir ze kucken, wat hir Besoinen sinn, fir datt mer och wierklech herno eng Plaz kréien, déi de Besoinen vun de Leit entsprécht, well et elo de Moment ass vun där eenzegarteg Méiglechkeet, fir do kënnen déi richteg Decisiounen ze huelen.

Wa mer da weiderginn - dat ass jo elo net e Projet, deem hei explizitt an der Lëscht drasteet, deem awer och elo scho vum Kolleeg Claude Lamberty ugeschwat ginn ass -, dann ass dat selbsterständlech nach dee Südmodul vun der N3, dat heescht, de Contournement vun ënner anerem Alzeng an och dann Hesper a Fenteng, wou et wichteg ass, datt deem effektiv emol eng Kéier kënnt an datt do endlech och e Projet op den Dësch geluecht gëtt.

Den Hesper Gemengerot, wou ech net Member sinn, mee wou mer awer Memberen hei dran hunn, ...

(*Interruption*)

Villmools merci! ... deem huet de 26. Oktober op jidde Fall unanime och nach eng Kéier eng Resolutioun ugeholl gehat fir ze fuerderen, datt dee Projet endlech géif deposéiert ginn an datt e géif d'nächst Joer och dann Deel si vun där Lëscht hei vun deene groussen Infrastrukturearbechten. Op jidde Fall, d'CSV setzt sech jo scho laang derfir an, den Här Lies als Buergermeeschter vun Hesper oder d'Madamm Adehm, an ...

(*Interruption par M. François Bausch*)

Ma et ass awer nach ëmmer kee Projet do, Här Minister. Et ass wichteg, datt endlech e Projet kënnt, deem op den Dësch geluecht gëtt, datt mer net just nëmmen iwwer Prinzippie schwätzen, mee datt mer endlech och do Neel mat Käpp kënne maachen, ...

■ **M. Marc Lies** (CSV).- Très bien!

■ **M. Serge Wilmes** (CSV).- ... well soss komme mer herno an d'Situatioun, datt mer wäerten d'N3 hu bis do op d'Cloche d'Or an da komme mer net méi weider! An dann hu mer do näischt geschafft domadder, well déi Cloche d'Or, de Ban de Gasperich ass voll amgaangen, entwéckelt ze ginn. Also et ass fir d'Liewensqualitéit vun deem ganzen Eck do wierklech enorm wichteg, datt do endlech Neel mat Käpp gemaach ginn. Op jidde Fall wäerte mir do hannendrubliwen an ons Kolleegen am Hesper Schäfferot jo souwisou.

Da komme mer weider op d’Kockelscheier direkt niewendrun, wou jo dann de séieren Tram an Zukunft och soll ukommen, wat och e Projet ass, wou mir soen, datt mer en och awer wierklech als CSV ënnerstëtzen, well et eng Verbindung gëtt tëschent deenen zwou groussen Agglomeratiounen a Wirtschaftspolen aus dem Land. Do war jo emol eng Kéier viru laanger Zäit souguer eng Zuchverbindung. Bon, déi hätt natierlech immens deier kascht. Dat heiten ass elo, mengen ech, e gudd Kom-promëss, eng gutt Alternativ, fir op dee Wee ze goen, fir mat engem séieren Tram Esch a seng Agglomeratioun mat der Stad mat hirer Agglomeratioun ze verbannen.

Et ass jo, wéi da bei all deene Projeten, och net reng nëmmen e verkéierstechnesche Projet. Effektiv kënnen do och, wéi hei an der Lëscht drasteet, urbanistesche Verbesserungen ënner all deenen Uertschaften, déi dertëscht sinn, gemaach ginn. Do kann et zu enger Verkéiersberoeugung kommen. Et ass och net nëmmen eng Verbindung tëschent Esch an der Stad, mee, an dat freet jo och ganz besonnesch mäi Kolleg a Buergermeeschter vun Esch, de Georges Mischo, den Tram soll zu Esch selwer och siwe Statiounen, siwen Arrête kréien, wat fir Esch wichteg ass, fir och esou e modernt Massentransportmëttel do ze kréien.

Mir op jidde Fall ënnerstëtzen dat! Natierlech stelle sech nach eng ganz Rei Detailfroen, ënner anerem awer och zum Beispill, wann den Tram dann ukënn um Territoire vun der Haaptstad: Wéi ass dann do den Iwwergang um séieren Tram op dee klassischen Tram? A wéi sinn do déi Infrastrukture geplangt, déi deen Tram och dann do brauch: den Tramsschapp ...? Respektiv, do wësst Der jo selwer, do kommen eng ganz Partie Saachen, do ass amgaangen, e Projet realiséiert ze gi vun lech, vun der Stad, dee Stadion an dann och dee Park & Ride, an da soll och de Busdepot vun der Stad Lëtzebuerg do an där selwechter Linn kommen. Kënn dat laanschteneen, wann den Tram herno dann do muss a säi Schapp fueren? Hutt Der och déi Terrainen dofir, fir dat kënnen dann ze realiséieren? Empietéiert dat net op Terraine vun der Stad Lëtzebuerg? Do muss mer eis eens sinn, datt dat wierklech pass beieneen.

An dann och déi Fro, déi e bëssen den Här Wagner ugeschwat hat: Wäert dofir eng nei Gesellschaft gegrënnt ginn? Gëtt dat integréiert a LuxTram? Wéi wäert dat do viru sech goen? Wéi gëtt dat herno exploitéiert? Vu wem? LuxTram? Oder vun enger neier Gesellschaft?

Da komme mer nach weider vun der Kockelscheier a Richtung dee ganze Südweste vun der Stad, dee jo wäert entwéckelt ginn a wou et jo wichteg ass, wa mer dee wëllen entwéckelen, datt mer effektiv do musse fir d’éischt déi néideg Verkéiersinfrastrukturen hunn, nämlech mat dem Boulevard vu Märel an dem Boulevard vun Zeisseng, déi jo dann och eng Kéier wäerten op der Kockelscheier ukommen. An do gëtt jo äerdeg dru geschafft.

Do hu mer awer och nach eng Kéier d’Fro: Kënn Der eis nach eng Kéier soen, och der Effentlechkeet, wou Der dru sidd mat deenen Aarbechten, dat heescht virun allem mam Kafé vun deenen Terrainen, fir datt déi Boulevarden och kënnen lues a lues realiséiert ginn? Well et ass jo do, wou de Knackpunkt ass: Et muss een d’Terrainen zesummekréien. Wéi wäit sidd Der do scho komm? Wéi een Tronçon ka realistesch als Éischt opgoen? Ass et deen tëschent der Arelor Strooss an der Lonkecher Strooss? Wéi geet et weider mat deenen anere Segmenter vun deenen zwee wichtige Boulevarden? Dat ass, mengen ech, eppes, wat eis ganz wichteg ass, well soss kréie mer dat jo net realiséiert.

Dir schwätzt och hei dovun, datt Der wëllt elo ufänke mat deem Pôle d’échange um Bouillon, fir dat ze maachen, wat effektiv och e wichtige Projet wäert sinn. Deen integréiert sech jo och an dee ganze Projet vun der Porte de Hollerich, dee jo d’Stad Lëtzebuerg wëllt gären och mam Staat ënner anerem zesumme realiséieren. An da brauche mer natierlech och do en Uschloss fir den Tram. Da brauche mer do Ëmklamm méiglechkeeten. An do huet och d’Stad Lëtzebuerg Iwwerleeungen, vläicht mam Parking Bouillon, fir deen ze verlageren an dee vläicht mat do ze integréieren.

Also ech mengen, et ass egal wéi wichteg, datt déi zwee Haaptacturen do ëmmer gutt mateneen zesummeschaffen. An op jidde Fall ënnerstëtze mir awer all déi Efforten, déi do vusäite vum Staat gemaach ginn, mee ech hunn lech, wéi gesot, eng Partie Remarken a Suggestiounen mat op de Wee ginn, déi eis wichteg sinn als CSV. Mee mir ënnerstëtzen awer am Fong an och vum Prinzip hier déi Lëscht hei. An ech ginn dowéinst dann och nach eng Kéier offiziell den Accord vun der CSV fir déi Motioun.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wilmes. D’Regierung huet d’Wuert, den Här

Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci, Här President. Merci der Madamm Rapportrice fir hire guddeschréftlechen a mëndleche Rapport iwwert déi vill Projeten. A merci och allen Deputéierten an der gesamter Chamber fir déi breet Zoustëmmung a virun allem och fir den Encouragement, deen d’Regierung hei kritt huet, fir an deenen nächste Joren an den ëffentlechen Investitiouns Ausgaben a precisement bei dese Projeten hei net ze spueren.

Ech hunn dat mat ganz vill Wohlwollen opgehall, well dat deit jo dann drop hin, datt d’Chamber d’Regierung an deem, wat se déi nächst Jore wëllt maachen, nämlech déi Projeten hei a grouss ëffentlech Investitiounen ze maachen, wäert massiv ënnerstëtzen. Ech mengen, dat ass eng ganz gutt Noriicht fir mech an och fir d’Regierung. Doriwwer freeën ech mech.

Ech wëllt, Här President, profitéieren, fir op eng Rei Saachen anzegoen, déi elo vun den Deputéierten opgeworf gi sinn. Ech huele se elo e bësselchen esou der Rei no, wéi ech mer se opgeschriwwen hunn op Basis vun de Froen, déi gestallt gi sinn.

Ech fänke mam Här Kaes un, deen eng Rei Froe gestallt huet oder Remarque gemaach huet, déi berechtigt sinn, zu der N7 an haaptsächlech zu der Weiderentwécklung vun der N7 bis Richtung Wempehaart. An effektiv, den Här Kaes hat mer d’Fro gestallt an der Kommissioun, an ech bestätegen dat nach eng Kéier och hei op der Tribün, datt ech bis Enn des Joers dräi Gesetzter, dräi Finanzierungssetzer wäert dem Regierungsrot proposéieren:

Dat eent ass d’Securisation vun der N7 vun dem Fridhaff bis op d’Wempehaart, wéi ech et och ëmmer versprach hunn, mat all deem, wat dat beinhalt, ënner anerem deene Projeten, déi den Här Kaes och opgezielt huet, deenen Echangeuren, déi ewechfallen an esou weider an esou fort.

Dat zweet ass de Contournement vun Housen, wou den APD och fäerdeg ass. Dat wäert och bis Enn des Joers duerch de Regierungsrot goen.

An dat drëtt Finanzierungsgesetz, dat ass d’B7, den Ausbau vun der B7, wou jo och nach e wichteg Stéck feelt, wou mer, wéi Der wësst, opgehele gi sinn duerch déi Entdeckung vun där réimescher Villa, wou awer d’Problemer elo all geléist sinn, wou d’Finanzierungsgesetz och fäerdeg ass.

Dat heescht am Kloertext, datt mer, esou wéi ech et och ëmmer gesot hunn, wëllen e Package hei proposéieren, deen net méi Gepiddels ass mat eenzelen Stécker, mee wou mer an engem Block wierklech de Gros wäerte proposéieren.

Da feelt nach just dee vun Hengescht, de Contournement, deen ass natierlech nach e bësse méi hanndran. Do si mer eréischt um APS-Niveau. Mee dat ass dat eenzegt Puzzlestéck, wat nach feelt. An Dir wäert awer och gesinn, datt dat awer ganz vill fir déi ganz Streck bréngen.

Wann ech soen, datt fir d’B7 d’Finanzierungsgesetz wäert bis Enn des Joers kommen, da soen ech awer och schonn, wat elo am Moment dat Wichtigst ass, ier mer iwwerhaapt kënnen ufänken, iwwert de Contournement vun Nidderfeele méi an den Detail ze goen. Well ech mengen, dat Stéck B7 ass elo emol d’Prioritéit gewiescht. Et gëtt awer och schonn eng Rei Iddien, déi lafen a Richtung vum Contournement Nidderfeelen. An ech kann lech och do versprechen, datt mer bis spéitstens de Summer 2021 dat presentéieren, da wäert ech nämlech de „Plan national de mobilité 2035“, wéi dee wäert heeschen, virstellen.

Wat ass dat? Mee dat ass eng Weiderentwécklung vun deem, wat mer amgaange sinn ze maachen. Do wäerte vill nei Projeten dra sinn, sougutt fir d’Schinn, fir d’Strooss wéi och fir den Tram oder aner Mobilitéitsmëttelen. An dat soll goe bis 2035. An do wäerte mer wëllen an d’Philosophie goen, fir Problemer ze antizipéieren. Mee doranner ass och eng Léisung virgesi fir de Contournement Nidderfeelen, also wat fir eng Variant oder wat fir e Wee mer duerfir wielen.

Ech géif och duerfir, Här President - ech wëll mech net amëschen, wat d’Chamber herno hei votéiert -, mee ech géif awer mindestens meng Meenung wëlle soen zu der Motioun, déi vum Här Engelen deposéiert ginn ass zu enger Variant am Kontext vum Contournement Nidderfeelen. Ech sinn ëmmer e bëssen iwwerrascht, wann ech bedenken, wi vill Biergeretüden datt ech muss maachen, fir datt ech zu enger Konkusioun kommen, a mat wat fir engen Imprevuen datt meeschtens an deenen Etüden ze rechnen ass. Wann dann eng Fraktioun heihinnerkënn oder en Deputéierten einfach aus der Héft eraus seet: „Mir hunn elo hei eng super besser Variant!“, an da gëtt dat hei an enger Motioun dohinnergeluecht, dat klängt natierlech extreem gutt.

(*Interruption par M. Jeff Engelen*)

Mee ech soen ëmmer ... Jo, mee alles, Här Engelen, klängt immens gutt. Dat muss och just herno machbar sinn an et muss och Sënn erginn! Dat kann een awer eréischt feststellen duerch Etüden. Dat ass nun emol esou, mindestens soulaang, wéi ech an der Regierung sinn.

Wann Dir eng Kéier sollt drakommen, da kënn Dir jo anescht verfuere, da kënn Dir mat Strécher op enger Kaart fueren. Ech fuere mat Etüden an ech wëll gär, datt mer herno Saachen hunn, déi och fonctionéieren. Duerfir géif ech der Chamber suggeréieren, esou eng Motioun ofzeleenen, well, wéi ech lech versprach hunn, bis den nächste Summer wäerte mer lech am Kader vum Plan national de mobilité 2035 och eppes proposéieren am Kontext vum Contournement Nidderfeelen.

Dann zu der Fro nach vum Här Kaes iwwert de Chantier zu Ettelbréck mat deem Faisceau de garage. Mir hunn dat gekuckt, ob dat machbar wär an ob et e Sënn géif erginn oder ob et fonctionéiere géif, fir et ausserhalb ze maachen. Do hu mer awer bal alles gekuckt, an dat ass net sënnvoll oder dat wier wierklech net machbar gewiescht. Dat hätt net fonctionéiert an der Praxis, niewent dem Fait, datt et och schrecklech deier gi wär.

Bon, ech weess, ech mengen, Dir hutt jo elo an der Stad gesinn, komplizéiert Chantiers bréngen ëmmer Nuisancé mat sech. Keen huet dat gär, och de Minister net. An ech mengen, och d’Gemeng Ettelbréck net, déi wier frou, éischter frou, wann dee Chantier scho fäerdeg wier. Mee wann ee wëllt dat maachen, wat mer do maachen, wat awer eng gewaltig Operatioun ass um Häerz vun Ettelbréck, dann huet dat natierlech leider eng Rei negativ Konsequenzen. Ech gesinn net, wéi mer do derlaanscht kommen.

Zu Ärer Fro mat der Gemeng Ierpeldeng: Do lafen nach Verhandlungen, ob mer dat gratis maachen. Also ech wëll et net ausschléissen. Mir sinn awer amgaang, mat der Gemeng nach doriwwer ze schwätzen.

Da kommen ech zu dem Contournement vun Hesper, dee jo och vun e puer Leit opgeworf ginn ass, e puer Vertrieeder, nee, loosse mer soen, engem Vertrieeder vun der Gemeng Hesper an engem, deen dann deen anere vun der Gemeng Hesper vertrueden huet, deen dat net gesot huet. Also ech mengen, et ass kloer, dee Contournement vun Hesper ass fir d’Regierung a fir de Minister eng absolutt Prioritéit! Ech hunn dat scho méi wéi eng Kéier gesot an et gëtt och intensiv dru geschafft. Allerdéngs, dat ass natierlech e Contournement, deen ass extreem komplex an der Ëmsetzung a virun allem ass en och komplex, well en immens vill Inzidenzen huet. A mir wëlle jo eppes maachen, wat virun allem der Gemeng Hesper herno hëllef, datt d’Gemeng Hesper herno den Uertschär kann aneschtens gestalten, datt d’Liewensqualitéit do kann eng aner ginn, wéi se haut ass.

Also et geet elo net nëmmen duer, fir e Contournement ze bauen, géif ech soen, deen elo emol de Gros vum Verkéier géif do deviéieren, wann dann awer nach ze vill Achsen an den Hesper Kär erstoussen, déi mer net opgefaange krite iwwert de Contournement, wat da fir d’Gemeng kee Gewënn wär. Duerfir, Dir wäert gesinn - mir sinn an der leschter Ligne droite, ech hunn och schonn, oder mäi Sekretariat misst d’Gemeng Hesper och scho kontaktéiert hunn -, mir wäerten nach virun de Chrëschtfeierdeeg mat der Gemeng zesummekommen an da wäerte mer all déi Variante virleeën, alles wat mer gekuckt hunn. An ech wäert lech dann och net verheemlechen, wat meng Prioritéit wäert sinn oder wat ech am léifsten hätt.

Woubäi mer mussen oppassen, well mir sinn hei an enger komplizierter Prozedur: Mir hunn eng Natura-2000-Zon do leien. De Minister muss sech och un d’Gesetzter halen. Ech mengen, jiddweree muss sech dorun halen. Mir sollen do net e prozedurale Feeler maachen, dat wär ganz fatal, well mir sinn elo wäit fortgeschratt am Projet. An et leien och eng Rei Saachen um Dësch, vun deenen ech mengen, wann ech der Gemeng dat weisen, datt dat ganz sécher fir d’Gemeng eng ganz grouss Hëllef wäert sinn.

Op alle Fall ass et fir mech kloer, dat doten ass ee vun deene belaaschtsten Deeler am Land! Ech schwätzen och net nëmme vun der Fro vun de Stéckoxiden - well do kéint een nach soen, déi Fro léist sech vläicht an 20 Joer souwisou eng Kéier -, mee ech schwätzen och an der Fro vum Individualverkéier, vun den Autoen, déi do matzen duerch en Uertschär fueren. A wa mer, esou wéi déi Uertschaft och läit, där wëllen eng Chance ginn, brauche mer trotz all deem, wat mer bauen, och fir den ëffentlechen Transport mat enger neier Gare, mat engem Tram, mat engem ëmorganisierter Busreseau an esou weider, brauche mer awer do dee Contournement. Dovu sinn ech fest iwwerzeegt.

A wéi gesot, ech sinn och der Meenung - Dir wäert gesinn, mir hu vill gekuckt, vill Detailler gekuckt, mir hunn ons vill Méi gemaach, fir all d’Varianten ze kucken -, datt mer do eng Léisung elo wäerte fan-

nen. An da gi mer natierlech ufangs nächst Joer an d’Consultationsprozedur.

Da wollt ech zu e puer Saache Stellung huelen, déi den Här Wilmes gesot huet. Dat Éischt emol mat der Place de la Gare. Den ënnerierdesche Vëlosparking, dee muss dohinner kommen, well en dohinner gehéiert, well do läit e genau do, wou mer en nämlech gären hätten, fir datt e mat der Gare kann zesumme fonctionéieren. Dat kënn Der och kucke goen. Mir waren eis jo viles am Ausland ukucken an deene Länner, wou dat scho gutt fonctionéiert. Dat ass awer och kee Problem! Dat beanträchtegt uewendrop iwwerhaapt näischt, well dat ass jo ënnerierdesch. A fir d’Plaz uewendrop hu mer Gestaltungsfräiheet. Am Mee ass just do emol e Pavillon virgesinn, mee et gëtt nach keng prezis Iddi. A selbstverständlech wëlle mer natierlech do mat den CFL kucken, wa mer déi Plaz nei gestalten, datt mer mat der Gemeng zesummen dat och kucken. Mir hätte jo gär, datt dat ee Ganzt gëtt herno.

Mir läit den urbane Raum ganz staark um Häerz. An ech sinn ëmmer der Meenung, wann ech eng Ëmgestaltung maachen an der Mobilitéit, datt dat eng immens Chance ass, fir den urbane Raum ëmzestalten, zemools do op där Plaz am Häerz vun der Stad. An dat soen ech net nëmmen, well déi Stad mer un d’Häerz gewuess ass, well ech aus där Stad sinn a mäi ganzt Liewen do gewunnt hunn, mee well ech och déi Plaz do gutt kennen. An do, wéi gesot, dee Projet vum Vëlosparking hypothekeiert iwwerhaapt näischt, wat mer dann uewendriwwer kënnen maachen a puncto Verschönerung oder Verbesserung vun der urbaner Qualitéit.

Zu där anerer Säit dann, déi Iddi fir d’Strooss, ob et elo eng Tranchée couverte ass oder en Tunnelwee oder wat och ëmmer, mee déi kënn ganz einfach aus där nämmlecher Iwwerleeung eraus: Dat ass fir déi Ënnerbriechung do opzehiewen, déi do besteet tëschent de Quartieren, mee och, well dat natierlech fir d’Gesamtorganisatioun vun der Mobilitéit e Risevirdeel wär, wann uewe just nach Foussgänger, Vëlo a Bus wäeren an den Auto iergendwou ënnerierdesch wär.

Ech soen awer direkt, et geet mer net drëms, fir e Réckbau ze maachen, well dat kënnen mer net do maachen. Et ass éischter de Contraire! Ech ginn dovun aus, datt, wa mer d’Strooss ënnert de Buedem leeën, a wéi enger Form och ëmmer, ... Dat solle jo elo d’Etüden erginn. Dat ass jo den Objektiv hei vun där Motioun, wa mer hei eng Motioun stëmmen! Duerfir, de Contournement vun Hesper: Dir hutt viru gesot, dee wier nach net op enger Lëscht gewiescht. Dee war schonn op enger Lëscht hei! Duerfir kann ech en och studéieren. Wann en net op enger Lëscht hei gewiescht wier, dann hätt ech net kënnen déi Studie maachen, déi ech elo gemaach hunn, déi dozou féieren, datt ech dem Hesper Gemengerot kann eppes proposéieren. Also dat war schonn de Fall.

An dat hei bedeit och just, datt ech d’Erlabnis elo kréien, fir d’Detailstudie ze maachen. Mir hu Virstudie gemaach, dat kann ech maachen, esou wéi mer eis Reegelen zesummen ofgemaach hunn tëschent Chamber a Regierung. An dat heite geet elo drëms, d’Detailstudie ze maachen, an déi ergëtt, wat et ass.

Mee firwat wëll ech och den Auto do ënnerierdesch leeën? Mee éischstens weinst dem ëffentleche Raum uewendriwwer, an zweetens och, fir méi Fluiditéit ze kréien op der Rocade. Well wa mer dat maachen, fale Kräizungen ewech, fale Luuchten ewech, an da kënn Der lech virstellen, datt dat natierlech fir de Verkéier, deen do ass, eng Verbesserung ass, och fir den Autosverkéier, deen do fiert. Well et wäert eis, egal wéi, nach ëmmer do e gudd Pak bleiwen, d’autant plus, wou mer jo elo an der Avenue de la Liberté, an der Avenue de la Gare keng Autoe quasi méi hunn. Bon, da wäert alles op der Rocade fueren an da muss mer kucken, datt mer dat do packen.

Mee och do huet et ëmmer zwee Objektiver. Dat eent ass den Traffick, eppes fir d’Mobilitéit ze maachen. An dat Zweet ass natierlech dann, an engems ze profitéiere fir ze kucken, den ëffentleche Raum do ze verbessern. An och d’CFL hu jo nach e Projet, fir do ze urbaniséieren, well dee fënnelten a sechste Quai, wann déi bis gebaut sinn, do hunn d’CFL jo och Méiglechkeeten, nach Gebaier hannendrun ze bauen.

Do bleift jo natierlech eng Busgare, well de Gros, fir net ze soen all d’RGTR-Busse wäerten herno do halen. Dat ass och da vun der Qualitéit hier kee Problem méi, well Dir wäert gesinn, wann Enn des Joers ..., pardon, Enn d’nächst Joer ass déi nei Passerell fäerdeg fir d’Foussgänger, Vëloen, an alles iwwert d’Quaie mat neie Lifter a Rolltrappen. Dat wäert schonn eng grouss Verbesserung ginn. An do komme jo och d’Souterrainen, déi gi jo weidergezu bis op Bouneweg, soudatt do am Fong de Flux fir de Foussgänger a soss méi duuss Mobilitéit ganz einfach ze maachen ass, soudatt mer dann den RGTR kënnen ganz eriwuerhuelen, datt et keen een Nodeel méi ass fir een, deen dann op d’Gare wëllt.



Deen ass dann do eigentlech op der Gare, well en huet dann all Méiglechkeeten, fir sech vun do ze Fouss ze deplacéieren.

Mee, wéi gesot, et ass e wichtege Projet, dee mer ganz um Häerz louch, well ech natierlech do d'Situatioun, natierlech och vu menger Fonctioun vu virdrun hier, gutt kennen. An duerfir proposéieren ech, do den Autosverkéier gréisstendeels ze fluidifiéieren, well mer en ënnerierdesch leeën, mee awer och den urbane Raum ze verbessern.

Dann zu der Stäreplaz ...

A, pardon, da wollt ech selbstverständlech nach eppes zu der Nationalbibliothéik soen, well Der dat och opgeworf hutt. Bon, also déi Nationalbibliothéik, wat wichteg ass natierlech, dat ass, datt dat Handelsgeriicht dohinnerkënn. Ech mengen, mir brauchen dat. Jiddwereen, deen eng Kéier do war, wou et elo ass, dee weess, datt dat net méi zäitgeméis ass an datt mer dat brauchen. An ech mengen, dat musse mer am Stadkär loosse, well all d'Gerichtsbarkeete sinn an der Stad, oder de Gros op alle Fall, an dat schéngt mer logesch ze sinn.

Dann zum Rez-de-chaussée: Wat um Rez-de-chaussée fir mech wichteg ass, dat ass, datt dat eppes ass, wat leeft. Ech hu gesot, ech wëll näischt do dra maachen, oder ech hunn der Regierung duerfir proposéiert, näischt do dranzemaachen, wat net dee ganzen Dag iwwer, moies, mëttes an och owes, ka liewen.

Bon, du kouw d'Iddi, ob mer do e Restaurant-Brasserie maachen, well déi schéi Plaz do ass. Elo kënnen mer kucken, ech hu kee Problem ze analyséieren, ob een net kombinéiert Saache ka maachen, oder eppes anescht ze maachen doranner, wat leeft. Dat ass och elo nach net figéiert, mee dat soll eppes sinn, wat och am Interêt ass vun der Stad. A well ech awer och weess, datt d'Stad Lëtzebuerg do dee ganze Projet huet mam Shared Space, mam Gruef, fir alles ze berouegen, dat gëtt e flotten öffentliche Raum. An déi Plaz do, wa mer déi fir de Public moies, mëttes an owes accessibel maachen, datt do och Liewen ass, Aktivitéite sinn, ech mengen, da kann dat och nëmmen der Stad gutt dinn. An dat ass d'Grondiddi, op där mer stinn!

Ech wëilt awer, wann Der erlaabt - Dir hutt mir eng Rei Tuyae ginn -, ech wëilt lech dann awer och ee ginn, wou ech mengen, wou Der eng Rei Saachen och kéint direkt realiséieren. Dir hutt och eng Rei flott Plazen an der Stad, déi lech gehéieren als Stad Lëtzebuerg, zum Beispill d'Place des Bains, do kéint Der d'Autoen ewechhuelen an eng schéi Plaz maachen. Do ass e Gebai vun der Stad Lëtzebuerg, wat eidel steet, do kéint een och eppes maachen. Just fir lech awer ze soen, datt ech mech vill interesséiere fir d'Stad, mee dat ass ...

■ **Mme Lydia Polfer (DP)**.- ... Dir gitt eis déi eng an ...

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**.- Selbstverständlech, dat kënnen mer gäre maachen. Mee mir hu jo e gemeinsame Projet och nach mat der Gëlle Fra, mat der Place de la Constitution. Do leeft jo e Concours d'architecture. Déi Plaz gehéiert dem Staat, an och do wäerte mer eppes Flottes gemeinsam maachen, soudatt ech mengen, datt mer och hei wäerten eens ginn.

Da kommen ech zu der Stäreplaz. An ech muss awer soen, do hunn ech e bëssen d'Impressioun gehat, datt ech hei am falsche Film wär, well do si Saache gesot ginn, dat betrëfft quasiment alles de PAG vun der Stad Lëtzebuerg. Domat huet de Staat strictement näischt ze dinn!

Ech wëll awer drop hiweisen, datt dee Projet vun der Stäreplaz, wat do gebaut gëtt, dat ass e private Promoteur, deen huet do Terraine kaaft. An do gëtt et, wéi dat sech gehéiert an enger Gemeng, e PAG an da musse Baugeneemegungen ugefrot ginn, et muss e PAP agereecht ginn an esou weider. Mee dat huet mam Staat strictement näischt ze dinn!

Dat Eenzegt, wat de Staat hei mécht, dat ass, déi öffentlech Infrastrukturen ze bauen, déi e souwisou wollt bauen, well den Tram wollt mer souwisou bauen op der Areler Strooss. Mir wollt souwisou um Stroossereseau do Saachen änneren. An datt et op der Hand läit, wann dann e private Promoteur oder d'Stad Lëtzebuerg do esou e gewaltege Projet mécht, deen natierlech en Impakt huet och op dat, wat mir do maachen, datt ee sech dann zesummesetzt an doriwwer schwätzt, schéngt mer net anormal ze sinn.

An ech muss och soen, déi Léisungen, mindestens wat elo d'Infrastrukturen ubelaangt, déi do fonnt gi sinn, déi sinn exzellent, well dat huet eis villes er

lichtert. Mir maachen och déi Busgare zum Beispill, déi kënnt jo dann ënnerierdesch, déi gëtt mat der Stad Lëtzebuerg zesumme gemaach. Bon, mee ech mengen, dat si Saachen, déi wäre souwisou gebaut ginn, och wann net deen dote Projet géif realiséiert ginn!

Duerfir, ech géif lech bieden, wa mer doriwwer diskutéieren, wivill Prozent erschwéngleche Wunraum do drakommen oder wat nach alles do soll kommen: All déi, déi hei geschwat hunn, déi sinn am Stater Gemengerot. Majo dann, allez hopp: Allez-y, maacht Neel do mat Käpp! Mee de Staat huet domadder wierklech net ganz vill ze dinn.

Wat ech nach wäert maachen, dat ass am Kontext vun den Extensiounen vum Tram, an do gehéiert natierlech deen op der Stäreplaz derbäi ... Duerfir, et ass hei villes och elo geschwat ginn iwwert de séieren Tram. Dat ass jo allgemeng - doriwwer freeën ech mech - vu quasi alle Fraktiounen, mat Ausnam vun de Piraten, déi e ganz deieren Zuch wëlle bauen op Esch, begreisst ginn. Ech wëilt lech soen, ech wäert lech natierlech e prezise Chiffer nennen am Kader vun dëser Legislaturperiod, well d'Zil ass, bis Enn 2022 e Finanzéierungsgesetz, also en APD fäerdeg ze hunn.

An Avant-projet détaillé heescht, datt mer natierlech wëssen, wat et kascht, soss géift Der mech hei mat den Honn erausjoen, vëlleg zu Recht, wann ech bei d'Chamber kéim mat engem Gesetz, wou net drasténg, wat et géif kaschten. Well et ass jo dat, wat d'Chamber stëmmt, nämlech datt d'Regierung fir e gewëssene Betrag dat do dierf bauen. Duerfir, bis den Dezember 2022 wäert de Finanzéierungsvolumen hei festleien, sougutt fir de schnellen Tram op Esch, an ech wäert dräi Finanzéierungsgesetzter virleeën. Dat eent ass de schnellen Tram op Esch, dat anert ass den Tram op der Areler Strooss. An da gëtt et nach zwou Antenne vum Tram um Gebitt vun der Stad, dat eent ass Richtung Hollerech an dat anert ass um Kierchbiere selwer, well natierlech do eng immens Bebauung entsteet Richtung RTLs-Gebai, wou jo och nach eng Extensioun soll sinn.

Voilà! Mee ech mengen, ech sinn awer frou doriwwer, datt mer hei e groussen - dat schéngt mer awer esou -, e ganz grouesse Konsens hunn, datt mer dat alles solle bauen. Dat freet mech. An d'Detailer wäerte mer dann diskutéieren, wann den APD bis fäerdeg ass.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och nach eppes zum Boulevard de Merl, Boulevard de Cessange, well den Här Wiseler, pardon, den Här Wilmes dat och nach gefrot hat.

Bon, éischtens emol ass et relativ kloer: De Boulevard de Merl an de Boulevard de Cessange mussen och 2028 fäerdeg sinn, wann den Tram rapide fäerdeg ass op Esch. Firwat? Ma well et ganz einfach natierlech herno an der Exploitatioun en immensen Afloss huet. Mir wëssen haut nach net genau, wéi um Stadgebitt fir déi eenzel Trammen do d'Exploitatioun wäert sinn. Ech mengen, dat gesi mer bis Enn 2022. Mee ganz sécher brauche mer och déi doten Achs mat der Areler Strooss erof, fir datt dat fonctionéiert.

Bon, an et ass esou, de Boulevard de Merl, do huet de Staat schonn de Gros vun de Propriétéiten, de Boulevard de Cessange nach net. Firwat nach net? Mee mir haten och do eng Etüd mat der Stad Lëtzebuerg zesumme gemaach, Här Wilmes, wou mer gekuckt hunn, wéi mer den Tracé sollen definitiv festleeën. Dat fir eeben och - an do gesitt Der, wéi wichteg datt et eis ass, wa mer esou Saache maachen, datt mer mat de Gemenge schwätze virdrun -, fir ze kucken, datt mer net do bebaubaart Land komplett duerchsneide ginn, datt den Tracé esou geluecht gëtt, datt en och urbanistesches gesi fir de PAG a fir d'Entwécklung vun der Stad an och vun den Nopeschgemengen e Sënn mécht, datt heescht, datt mer net wäertvollt Bauland muttwëlleg zerschneide ginn.

Duerfir, den Tracé ass elo do, déi Etüd ass ofgeschloss. Mat der Stad Lëtzebuerg, wéi gesot, gemeinsam hu mer déi gemaach, déi ass ofgeschloss. An op Basis vun där gëtt natierlech elo gekuckt, d'Emprise ze kréien. Dat entsprécht dann och deem, wat och an anere Pläng, zum Beispill dem Plan sectoriel « Logement » festgeluecht ass. Well do wësse mer jo, datt zu Zeisseng e grand Projet d'envergure virgesinn ass. Do huet d'Stad Lëtzebuerg ..., bon, net d'Stad Lëtzebuerg an der Propriétéit, mee do gëtt et vill Bauland nach, wat am Perimeter ass, wat nach kann entwéckelt ginn. An deen heite Projet soll sech dann nahtlos doranner integréieren.

A wéi gesot, ech ginn duerfir dovunner aus, datt ech och an dëser Legislaturperiod ganz sécher nach Finanzéierungsgesetzter wäert brénge fir déi doten zwee Projeten, well déi mussen, wéi gesot, dann och gebaut ginn a parallell zu deenen aneren, déi ech virdrun zitéiert hunn.

Merci villmools fir Är Opmierksamheet a fir Är Remarken. An ech sinn och frou doriwwer, datt dann dat heite jo unanime wäert gestëmmt ginn.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci och villmools, Här François Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Motions

Mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Motiounen.

Motion 1

Fir d'éischt déi grouss Motioun, déi vun der Rapporteuse, der Madamm Chantal Gary, deposéiert ass ginn. Si mer d'accord, fir iwwert dës Motioun à main levée ofzestëmmen?

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, ...

■ **Plusieurs voix**.- Nee!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Nee! De Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 1

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vott fänkt un.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun, déi vum Här Engelen deposéiert ass ginn, fir d'Méiglechkeet vun enger Transversale tëschent dem Fridhaff a Feelen ze studéieren, ze präwien. Wëllt nach een eppes zu där Motioun soen?

D'Madamm Josée Lorsché, wannechgelift.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng)**.- Merci, Här President. Wéi jiddweree weess, setzt de Bau vun enger Transversale jo viraus, datt eng ganz Rei Etüde gemaach gi vun de Verwaltungen, datt och déi verschidde Variante gepréift ginn. Dat huet den Här Minister och a sengen Ausféierunge betount. Dat gëtt ëmmer gemaach. An duerfir gesi mir och net an, wisou een elo einfach kann aus der Héft eraus eng Strooss fuerderen, wou een net weess, zu wat dat féiert. Et ass keng Etüd, déi hiergëtt, datt dat do Sënn mécht. An duerfir proposéiere mer, de klassische Wee ze goen, d'Etüden ze maachen, d'Verwaltungen schaffen ze loosse, esou wéi dat och gesetzlech virgesinn ass. An duerfir wëlle mer dës Motioun net unhuelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Madamm Lorsché. Dann huet den Här Aly Kaes d'Wuert gefrot.

■ **M. Aly Kaes (CSV)**.- Jo, merci, Här President. Ech wollt just soen, datt mer u sech d'Wichtigkeet ënnerstrach hu vun deem Contournement Ettelbréck/Feelén. Ech mengen, datt déi Südvariant, déi Variant, déi elo um Dësch läit, zréckbehalte ginn ass, dofir ware jo am Virfeld eng Rei vun Etüden, wat déi besser Variant wier. Et ass ëmmer erëm esou, et kann een ëmmer erëm alles a Fro stellen.

Kloer ass, an dat muss een awer och bedenken, wa mer elo erëm ufänken driwwer nozedanken, ob dat gutt wier, ob net nach erëm eng aner misst gemaach ginn, ech mengen, da réckele mer de Projet nach eng Kéier e gutt Stéck no hannen! A mir sinn duerfir och der Meenung, an ech mengen, et ass och elo vum Här Minister nach eng Kéier erwänt ginn, datt u sech d'B7, dat heescht, de sogenannte Contournement Schieren, am direkte Lien mat dem Contournement Ettelbréck/Feelén op där Säit dach awer steet. Et muss een dat eent fir d'éischt realiséieren, ier dat anert ka realiséiert ginn.

Ben, ech hoffen, an ech soen dat nach eng Kéier, datt dat dann esou séier wéi méiglech geschitt, datt esougutt d'B7 wéi de Contournement esou séier wéi méiglech gemaach ginn.

Hei ass 2035 erwänt gi vum Här Minister. Fir eis, jo, do dauert dat einfach ze laang. A wa mer nach eng Kéier géifen elo wierklech vu ganz vir ufänken, ech mengen, da brauche mer eis jo keng Zeechnung ze maachen, wéi laang datt et da géif daueren!

Duerfir kënnen mir als CSV déi Motioun net ënnerstëtzen. Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Kaes. Dann den Här Marc Goergen, wannechgelift.

■ **M. Marc Goergen (Piraten)**.- Merci, Här President. Also de Problem vun Ettelbréck op Feelén ass bekannt. Et ass jo och esou, datt dat schnellstméiglech sollt behuewe ginn. Et ass awer och esou, ech wëll dat eng Kéier fairerweis soen: D'ADR huet geschriwwen „präwien“, si huet net geschriwwen „direkt ëmsetzen“. Si huet geschriwwen „präwien“. Et ass awer elo esou, dass eisen Nordbezierk eis eng aner Variant ausgerechent hat a mir eis dofir wäerten enthalen, well mer elo net kënnen op de Moment kucken, ob iwwerhaupt d'Präwien deementspriedend néideg wär.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Goergen. Den Här Jeff Engelen nach eng Kéier als Auteur vun dëser Motioun.

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Ech wollt soen, mir wëlle just déi Etüd iwwerpräwien. Well et ass net gesot, Dir misst elo bauen oder net bauen. Mir hätte gären eng seriö Etüd, wéi dat elo ass. An ech gi jo dovun aus, wann déi Etüde scho gemaach gi si vun der Nordvariant, da missten déi jo doeleien. Da bräicht een déi jo nëmme virgeluecht ze kréien.

Well ech ka mech erënneren, 1979 huet d'CSV eng Landkaart publizéiert bei de Walen, wou déi do Variant dra war an drop agezeechent war! Also et ass net aus der Loft gegräff! Deemools war eppes do. An ech wëll dat awer elo emol hei ganz kloer ervirbréngen, ...

(Brouhaha et interruption)

... datt d'CSV 1979 déi do Landkaart publizéiert huet bei de Walen! An elo si se dergéint! Dat ass awer komesch.

Ech soen lech Merci.


(Brouhaha général)

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert un den Här Minister fir öffentlech Aarbechten. Den Här François Bausch huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

■ **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics**.- Jo, merci, Här President. Just nach zwou Remarken. Den Här Kaes huet gesot: „Bis 2035“. En huet mech do, mengen ech, net richtig verstane. De Plan national de mobilité heescht „Plan national de mobilité 2035“, ...

(Interruption par M. Aly Kaes)





Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :
Luxemburger Wort, Tageblatt, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :
Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :
brain&more, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :
Saint-Paul Luxembourg SA
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg

Editpress SA
44, rue du Canal
L-4050 Esch-sur-Alzette

... dat heescht, do si Projeten dran, awer net all gi se bis eréischt 2035 fäerdeg.

■ **Une voix.** - Dat heescht, et ass 2035 fäerdeg?

■ **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.* - Et si Projeten, déi gi bis 2035. An ech hunn domadder net wëlle soen, datt elo Feelen eréischt 2035 fäerdeg ass. Dat musse mer gesinn nächste Summer, wa mer dann eng Léisung doleien hunn.

(Interruption par M. Aly Kaes)

An dat anert, wat ech awer nach eng Kéier wollt soen, dat ass: Kommt, mir sinn awer emol eng Kéier verstänneg! Mir mussen awer einfach wëssen, eng Strooss oder e Contournement oder iwwerhaupt eng Infrastruktur ze bauen, dat ass net einfach e Stréch op enger Kaart. Dat ass komplizéiert, zemoos jee nodeem, wou et ass. A mir wëssen och, wann ech kucken, tëscht Ettelbréck a Feelen, et ass jo net, wéi wa mer do am flaache Land wäeren an iergendwou do kéinten einfach rubbedupp quasi um Räissbriet eppes dohinnermolen! Dat ass valonnéiert, mir fueren duerch Naturgebidd, mir si bei urbanem Raum.

Also, bon, wéi gesot, ech maache mäint bis 2023. Wann et ee gëtt, dee mengt, et wär esou einfach, fir dat alles ze realiséieren, ech wënschen do nach eng Kéier bonne Chance, wann e meng Plaz dann iwwerhëlt. Mee ech soen lech, dat ass net esou. Kommt, mir halen duerfir och op, de Leit esou Saachen ze verspriechen, wou mer hoergenee wëssen alleguerten, datt se net anzehale sinn!

Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci villmools, Här Bausch. Ech mengen, da kënnen mer zum Vott iwwert dës Motioun kommen.

Vote sur la motion 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 5 Jo-Stëmmen a 54 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 2 est rejetée par 54 voix contre 4 voix et 2 abstentions.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves

Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

6. 7506 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement

Mir kéimen elo zum Projet de loi 7506 iwwert déi sougenannt WLTP-Prozedur. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur.* - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, ech presentéieren lech elo de Projet de loi 7506, deen, wéi gesot, am Text heescht: «*Projet de loi modifiant la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement*».

Bon, et ass e bëssen e komplizéierte Sujet. Mee, wéi gesot, den Här President huet dat richteg gesot, et ass de WLTP-Projet. An ech erklären lech, ëm wat dass et elo geet.

All Clienten, déi sech an de leschten 18 Méint en neien Auto kafe wollten oder souguer kaaft hunn, misste beim Händler e Plakat gesinn hu mat zimmlech ënnerschiddleche Verbrauchs- an Ofgaswäerter fir de betreffenden Auto. Ab dem 1. Januar 2021 wäert dat awer net méi de Fall sinn a just nach dee méi héijen a weesentlech méi realistesch sougenannte WLTP-Wäert europawäit gültig sinn.

An dësem Projet de loi mat just zwee Artikele geet et elo drëms, eis national Dispositionen an Aklang ze bréngen mat dëser legislativer Ännerung op EU-Niveau, déi 2017 als direkt Suite vum bekannten Ofgas- respektiv vum Dieselskandal decidéiert ginn ass.

Mam neien EU-Reglement 2017/1151 vum 1. Juni 2017 gouf nämlech festgehalen, dass europawäit dee bisheerigen, scho laang iwwerliefte Verbrauchs- an Ofgastestzyklus NEDC - dat steet fir New European Driving Cycle - duerch ee méi modernen a virun allem, dat ass dat Wichtigst, méi prezisen a kompletten Testzyklus géif ersat ginn.

Dëse Wiessel op deen neien Testzyklus WLTP, dat heescht Worldwide Harmonised Light Vehicle Test Procedure, ass als EU-Reglement och zu Lëtzebuerg direkt applikabel.

Bis den 1. Januar 2021 gëllt awer nach eng europawäit Iwwergangsphas, wou um Certificat de conformité vum Automodell souwuel d'Wäerter vum alen NEDC wéi och laut dem neie WLTP-Zyklus mussen dropstoen. Dat bedeit deemno, dass bis spëtstens den 31. Dezember vun dësem Joer d'EU-Memberstaaten hir gesetzlech a reglementaire national Dispositionen un dëse Changement mussen upassen.

Fir Lëtzebuerg heescht dat, dass mir bis spëtstens den 31. Dezember 2020, also bis zum Enn vum Joer, mussen de Referenzwäert fir d'Berechnung vun eiser Autotax upasse fir sécherzestellen, dass fir all nei zougeloose Gefierer vun der Kategorie M1 ab dem 1. Januar 2021 déi nei WLTP-Valeuren als Referenz gëllen. Fir d'Gefierer, déi virun dësem Stéchdatum zougeloooss goufen, also déi, déi momentan op eise Stroossen zirkuléieren, wäerte weiderhin déi al NEDC-Valeure gëllen.

An deem Sënn ass et wichteg ze betounen, dass hei just den Ofgasreferenzwäert fir eis Autotaxen zu genee deem Stéchdatum ännert, wou souwisou just nach dës WLTP-Wäerter op den EU-Konformitéitszertifikater vun neie Modeller vermierkt ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur.* - Un der Berechnungsformel vun der Tax, déi am Artikel 1 vun dësem Projet de loi steet, ännert sech domadder näischt.

Da wëll ech nach e puer Wiederder zum Verbrauchsënnerscheed tëschent der Realitéit engersäits an der NEDC- an der WLTP-Norm anerersäits soen.

Bis elo goufen d'CO₂-Emissiounen vun den Autosgefiierer vun der Kategorie M1, wéi gesot, mat Hëllef vun dem NEDC-Testcykel gemooss, deen ursprénglech op d'Joer 1970 - 1970! - zréckgeet a fir d'lescht Enn den 90er-Jore signifikant geännert gouf.

D'Europäesch Unioun huet reegelméisseg Evaluatiounen iwwert den Testcykel NEDC a seng Resultater duerchgefuert; d'Resultater, dat heescht d'CO₂-Emissionen an d'Consummatioun vu Bensinn. Et ass hei festgestallt ginn, dass déi real Consummatioun vu Carburant op der Strooss, an domat och hir associéiert CO₂-Emissionen, net mat den Donnéeën, déi mat Hëllef vum NEDC erstallt goufen, iwwereneestëmmen.

Déi nei Testprozedur WLTP gëtt méittlerweil zënter dem 1. September 2017 bei der Réceptioun vun de Gefierer applizéiert, déi ënnert déi betraffe Kategorie falen. An et gëtt, wéi ugangs erwäant, eng Iwwergangsphas bis den 31. Dezember 2020, wou nach béid Normwäerter NEDC a WLTP niewenteneen um Konformitéitscertificat vermierkt ginn.

Zanter 2017 ginn déi offiziell Informatiounen zu der Consummatioun vu Carburant an zu de Schadstoffemissionen, virun allem CO₂, an déi bekannten NO_x, mat Hëllef vun der WLTP gemooss a leie vill méi no bei der Realitéit vum Client. Dat läit notament doran, dass de WLTP-Testzyklus eng Combinaison ass vu Simulatiounen um Prüfstand, also am Labo, an a realen Tester op der Strooss.

Well d'Emissionen no der WLTP-Norm der Realitéit elo weesentlech méi no komme wéi no der NEDC-Norm, si se logescherweis och an den offiziellen Autospabeiere méi héich. Op Basis vum Fierpark vun deenen zu Lëtzebuerg immatrikuléierte Gefierer wäerten d'WLTP-Verbrauchswäerter dofir an der Moyenne iwwert de ganze Fierpark, wéi gesot, ongeféier 20 % méi héich si wéi laut der NEDC-Norm.

D'Berechnunge vum Ministère hunn an deem Kontext och gewisen, dass fir déi am heefegsten immatrikuléiert Autoen zu Lëtzebuerg de Verbraucher bis elo an der Moyenne bis zu 215 Euro Méikäschten a puncto reellem Spritverbrauch hat.

Duerch dëse Gesetzesprojet ginn also ab dem 1. Januar déi nei WLTP-Wäerter als Basis benotzt, fir d'Autotaxe vun der Kategorie M1 ze berechnen. Dëst gëllt awer just fir Gefierer, fir déi eng éischt Mise en circulation ab dem 1. Januar 2021 gemaach gëtt. Déi nei Wäerter ginn also net retrospektiv applizéiert fir Gefierer, déi virum 1. Januar 2021 schonns a Circulatioun waren. Et ännert sech deemno och näischt un der Héicht vun der Autossteuer fir all aktuell Proprietären.

Eis lëtzebuergeschen Autosteier ännert mat dësem Projet also net. Si wäert och weiderhin no där selwechter Formel A x B x C berechent ginn, woubäi d'Variabel A weiderhin den CO₂-Ausstouss laut EU-Testzyklus duerstellt, d'Variabel B weiderhin eng Differenzéierung tëschent Diesel an anere Motortechniken erlaabt an d'Variabel C och weiderhi Gefierer mat grousssem CO₂-Ausstouss proportionell méi héich besteiert wéi spuersam Autoen.

Well d'WLTP-Ofgaswäerter awer weesentlech méi realistesch, dat heescht méi héich si wéi déi al Testwäerter, wäerten all nei zougelooosen Autoen ab dem 1. Januar op dësem méi realistesch WLTP-Verbrauch besteiert ginn.

Zu dësen Dispositionen aus dem Projet de loi kouw bei de parlamentareschen Aarbechten nach en neien Aspekt derbäi. Een Amendement vun der CSV-Fraktioun, dee vun der Kommissioun ugeholl ginn ass, gesäit vir, dass de Montant vun der Autos-tax, deen eng Famillje mat minimum fënnf Membere ka rembourséiert kréien, vun 80 Euro op 125 Euro gehéicht gëtt. Dëst ass déi éischt Erhéijung zënter der Aféierung vun dëser Méiglechkeet am Joer 2008.

Da gouf et nach en Avis vun der Chambre des Métiers, deen zwee Elementer hat. D'Chambre des Métiers begréisst am Numm vum Automobilsecteur all Initiativ, déi dozou bäidréit, den Impakt vun der individueller Mobilitéit op d'Ëmwelt ze reduzéieren. Dann zweetens, den initialen Text hat virgesinn, dës Direktiv fir den 1. März ëmzesetzen. Well dëst mat dem Autofestival interferéiert hätt, ass do gefaart ginn, dass dat negativ Konsequenze kéint hu fir de Consommateur. Dofir huet d'Chambre des Métiers proposéiert, den Datum vun der Mise en vigueur op den 1. Januar 2021 ze réckelen, e Stéchdatum, deen op Basis vum Verlaf vun der legislativer Prozedur jo schlussendlech elo och de Fall ass.

Fir méi Detailler an Informatiounen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

De Projet de loi gouf den 18. Dezember 2019 deposéiert. Eng éischt Presentatioun vum Projet de loi ass den 13. Februar gemaach ginn. An de Reuniounen vum 27. Februar a 5. März huet d'Kommissioun dräi Amendementer gemaach an dem Staatsrot zougeschéckt. Zwee vun dësen Amendementer sinn ageerecht gi vun der CSV-Fraktioun. De Staatsrot huet deen éischten Avis den 9. Juni 2020 gemaach. Op Basis vun dësem Avis huet d'Kommissioun eng weider Serie vun Amendementer un de Staatsrot geschéckt, déi deen a sengem Avis complémentaire vum 13. Oktober 2020 ugeholl huet. De Rapport, deen lech hei virläit, ass den 29. Oktober 2020 vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn dann och heimadder den Accord vun där grénge Fraktioun.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - An ech soen dem Rapporteur, dem Här Carlo Back, villmools Merci a ginn d'Wuert weider un den éischten agedroene Riedner, den Här Gilles Roth.

Discussion générale

■ **M. Gilles Roth** (CSV). - Merci, Här President. De Rapporteur huet dat gutt explizéiert. De Berechnungsmodus vun der Autossteuer wäert ab dem 1. Januar 2021 net änneren, mee d'Formel vun den Ofgaswäerter, déi wäert schonn hir Repercussioun hunn, dass et fir déi Autoen, déi no dem 1. Januar 2021 ugemellt ginn, an der Generalitéit wäert méi héich sinn.

Ech soen och dem Carlo Back expressis verbis Merci, dass e mentionéiert huet, dass d'CSV zwee Amendementer bei dësem Gesetzesprojet abruecht huet, wat eis och erlaabt, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

Dat Éischt ass fir eis weesentlech gewiescht. Dat ass, dass sougenannt Famille-nombreusen, dat heescht, Famillje mat dräi Kanner, dat heescht, e Stot mat fënnf Leit, e Bonus kréie vun 125 Euro, well déi ganz einfach familljebedéngt och méi e groussen Auto mussen hunn.

An deen zweete Punkt ass deen, wou mer laang Diskussiounen haten nach virun der Pandemie. Dat war déi, dass mir gesot hunn, dass mer gärén hätten, dass e kloren Datum wier, wéini déi nei Berechnung vun der Autossteuer sech géif applizéieren. Mir hate sengerzäit plädéiert fir den 1. Januar 2021, well mer aus europäesche Grënn mussen do déi nei Norm WLTP applizéieren.

Erlaabt mer, Dir Dammen an Dir Hären, obscho mer d'Zoustëmmung ginn zu dësem Gesetzesprojet, awer kuerz, well mir hu just fënnf Minutten, e puer grondsätzlech Remarken ze maachen.

D'CSV steet selbstverständlech zu ekologesche Lenkungsselementer, wa se sozial ofgefiedert sinn. Ech soen awer gradesou daitlech, dass mer net domat d'accord sinn, dass ekologesch motivéiert Méibelaaschtungen fir d'Stëit zu dësen Zäite kommen, déi net sozial ofgefiedert sinn.

Ech erkläre mech. Mir hunn hei eng nei Autossteuer, déi wäert, wann Der kuckt op dem Site vum Automobillsclub, fir zum Beispill en Tiguén Diesel awer ëm 100 Euro bis 125 Euro pro Joer méi deier ginn. Mir hunn zousätzlech Akzisen, déi agefuert goufen d'lescht Joer, vun zwee Cent um Liter. Et kéint elo d'nächst Joer viraussichtlech d'CO₂-Steier. Dat sinn nach eng Kéier fënnf Cent op dem Liter Sprit. Zousätzlech spigelt dat sech awer och erëm op dem Hëtzes. An addéiert een dat alles zesammen, dann ass dat fir Normalverdénger trotzdeem eng Méibelaaschtung! An et gëtt ëmmer gesot: „Dat ass de Präis vun enger Pizza.“ Nee, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass wäit méi wéi de Präis vun enger Pizza!

An da musst Der dat kucken, an d'Verhältnis setze mat enger elengerzéierender Persoun, déi zum Beispill en Akommes huet vu 4.000 Euro brutto. Do sot Der: „Jo, wivill ass dat?“ Ma dat sinn 80 % vun dem mediane Loun, deen zu Lëtzebuerg verdéngt gëtt; 80 % dovun! Dat heescht, de mediane Loun läit bei ronn 65.000 Euro d'Joer, dat hei si 50.000 Euro pro Joer. Dat heescht, dat sinn 20 % manner wéi d'Hallschent vun de Leit verdéngen.

Da wëll ech soen, déi Persoun, déi huet 3.100 Euro netto, wa se Elengerzéier ass, um Enn vum Mount. Déi bezilt ... En Haus ka se sech ganz schwéier leeschten als Eegentum. An de Moien, mengen ech, huet de Finanzminister d'Kaz aus dem Sak gelooss: Mat deene Krittären, déi wäerten ugewannt ginn, dass den Accès zu engem Kredit wäert vill méi enk gekuckt ginn, wäert d'Schwieregkeet, fir sech en Eegenheem kënnen ze leeschten, vill méi grouss ginn.

Wann eng Persoun gescheet ass, da muss se an Zukunft, ab dem 1. Januar 2021 - Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll, dass Der dat awer och eng Kéier consideréiert -, 10 % vum Wäert vun hirem Haus méittlerweil cash dohinnerleeën! De Wäert vum Haus, do sinn dann net beinhalt d'Uschafungskäschten, dat heescht den Akt, deen dropperechent gëtt. Et ass bei engem Neibau net d'TVA dropperechent, dat sinn normalerweis nach eng Kéier 50.000 Euro. Et ass keng Inneneinrichtung an deem Haus. A wann dat Haus kaaft gëtt, jo, da falen nach eng Kéier 6 % bis 7 % Enregistrementskäschten un.

Da kommen zousätzlech Käschten och nach um Niveau vun den Akzisen, et kommen zousätzlech Käschten um Niveau vun enger Autossteuer. Jo, Dir Dammen an Dir Hären, an dat kritt se mol net erëm iwwer eng Indexbranche. Firwat? Mee well dat hei alles sollt, esou wéi et am Budget virgesinn ass, indexneutraliséiert sinn.

An ech géif wierklech den Appell maachen, Dir Dammen an Dir Hären, dat awer eescht ze huelen, dass mer net hei déi sozial Kohäsioun, déi mer am Land hunn, op d'Spill setzen. An et kann een hei net